



Dir hutt et erkläert: D'Prozedur geet zrëck op e Gesetz vun 2017, wat am Artikel 8.1 vum Cours de procédure pénale verankert ass, an et weist, dass d'Justice restaurative als Complement zu eise klassesche Prozeduren ze verstoen ass. D'Justice restaurative ass kee Moyen, Poursuitten oder engem Prozess ze entkommen. Se leeft, le cas échéant, och parallel, mat der Méiglechkeet, Retombée vum Justice-restaurative-Programm och am Kader vun der Urteelspriedung an Uecht ze huelen.

Vu dass et sech ëm e Complement handelt, kann d'Justice restaurative zu all Moment ugesat ginn, sief et virum Prozess, duerno oder am Stadium vun der Exekutioun vun der Strof.

Allerdéngs geet e Prinzip fir d'Lancéiere vun esou enger neiaarterger Prozedur net duer, soudass eng Serie vu Mesuren hu misse geholl ginn an och nach en cours sinn, geholl ze ginn, fir dass mer och kënnen eng uerdentlech Mise en œuvre vun deem Ganzen erlaben.

Et ass eng Formatioun lancéiert ginn ab dem Joer 2019, wou dann eng ganz Rëtsch vu Kandidate matgemaach hunn. An et sinn der aacht, déi schlussendlech déi Formatioun gepackt hunn, déi 140 Stonne gemaach hunn. Do war eng theoretesch Formatioun vun 80 Stonnen an eng praktesch Formatioun och mat derbäi. An d'Uni Lëtzebuerg huet dann am Juni 2019 déi Certificaten ausgestellt.

Mir hunn e Règlement grand-ducal geholl gehat. An de Staatsrot huet awer do eng Rëtsch Saachen dru bemängelt a notamment och eng Base légale verlaangt, fir dass mer definitiv domadder ukommen. Mir sinn amgaangen, dat ze finaliséieren, dass mer dat kënnen op den Instanzewee ginn. A parallel awer schaffe mer eng Konventioun aus, déi och misst an den nächste Wochen ënnerschrifwe ginn, mat dem Centre de médiation, wou et drëms geet, dass eng Coordinatrice oder e Coordinateur kann agestellt ginn am Centre de médiation, fir de Projet kënnen ze koordinéieren, wou et och drëms geet, den éischten Ekipement ze installéieren an eng Mise en place vun engem Comité de pilotage.

Dat heescht, à ce stade hu mer nach keng Demanden, fir dovunner ze profitéieren. A wat insgesamt d'Sensibiliséierung dovunner ugeet, fannen ech déi genausou wichteg wéi d'Médiatioun en général, wou mer och an enkem Kontakt si mam Centre de médiation, fir ze kucken, wéi mer dat nach kënnen besser um Geriicht vermëttelen. An et ass fir mech en Deel allgemeng vun der Formatioun a vun der Formation continue vun de Magistraten.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.-** Merci villmools der Madamm Justizministesch.

## 7. 7542 - Projet de loi portant modification de la loi du 14 août 2018 autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite et son segment sol destinés à l'observation de la Terre

Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 7542 iwwert de LUXEOSys-Programm. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här André Bauler, den Här Dan Biancalana, den Här Fernand Kartheiser, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun deem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.-** Très bien!

### Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice.-** Villmools merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech sinn haut hei, fir lech de mëndleche Rapport ze maache vum Projet de loi 7542, also deem Gesetz, wat eng Augmentatioun vum Budget fir de sougenannte LUXEOSys virgesäit. De Gesetzentext ass relativ kuerz. Dofir gëtt de Rapport awer e bësse méi laang, well et awer hei eng Partie Punkte gëtt, déi an der Kommissioun diskutéiert gi sinn.

Wéi mir all wëssen, geet et hei ëm méi wéi eng simpel Augmentatioun vum Budget, mee eeben och ëm den Historique vum Dossier, deem derzou gefouert huet, dass mir haut iwwert dës Augmentatioun schwätzen.

Als Presidentin vun der Defensekommissioun kann ech soen, dass mir eis laang mam Dossier beschäftegt hunn an zu méi wéi enger Geleechenheet eis mam Minister a sengen Experte konnten austauschen. Allméiglech Froe konnten a si gestallt ginn, soudass d'Kommissioun vun der Defense elo prett war, fir de Projet an d'Pleniëre ze ginn a sech ze prononcéieren. An esou sinn ech also elo hei, fir lech dëse Rapport vun deem Gesetz a vun der Aarbecht an der Kommissioun ze ginn, ouni awer drop ze verzichten, och zu engem Deel op d'Aarbecht an

der Commission de l'exécution budgétaire anzegoen. Mir hunn am Kader vun deem Projet de loi deels am Binom geschafft, dat och relativ gutt. An dofir hu mer eis zesummen derfir entscheet, d'Ergebnisse dovunner och an dëse Rapport matafleissen ze loosse.

Loosst mech ufänke mat deem relativ einfachen Deel vum Projet de loi. Et handelt sech hei ëm e Projet, deem aus zwee Artikelen besteet. Deen éischten Artikel beseet, dass de Budget vum Projet op elo e Maximum vun 309 Milliounen Euro erhéicht gëtt, dëst ouni TVA, an dat Ganz op 14 Joer. Den Artikel, dee leet och dättelech fest, wat alles an dëser Zomm enthalen ass: Dat sinn d'Acquisitioun, de Lancement an d'Exploitatioun vum Satellitt.

Deen zweeten Artikel, deem hält d'Modalitéit fest, wou d'Dépensé verbucht ginn: Alles wat d'Acquisitioun ubelaangt, leeft iwwert de Fonds d'équipement militaire, an alles wat d'Gestioun an d'Exploitatioun ubelaangt, leeft iwwert de Budget vun der Direction de la Défense. Dës Detailler sinn duerch en Amendement gouvernemental de 24. August derbäikomm, dëst nodeems de Staatsrot op d'Nécessitéit higewisen huet, fir eng kloer Distinctioun ze suergen eeben tëschent den Dépenses d'investissement engersäits an den Dépenses de fonctionnement andersäits.

Wat d'Antecedente vum Projet ubelaangt: De Projet ass de 27. März 2020 an der Chamber deposéiert ginn. De 26. Mee hu mir den Avis vum Staatsrot kritt. De 24. August hu mer d'Amendements gouvernementaux ugeholl, déi dem Avis vum Staatsrot sollte gerecht ginn, an de Staatsrot sollt doropshin och weider keng Remarque méi hunn.

De Projet ass natierlech och e puermol an der Kommissioun traitéiert ginn, mol als Jointe mat der Comexbu, mol reng an der Zesummestellung vun der Defensekommissioun. Dozou muss ee vläicht erklären, dass ganz am Ufank just d'Comexbu saisiéiert war, well et jo als Allerschicht emol eng Fro vun der Exécution budgétaire war.

Den 11. Juni ass de Projet de loi dunn eng éischte Kéier an der Defensekommissioun presentéiert ginn. Duerno koumen nach zwou Réunions jointes mat der Comexbu derbäi, eng Enn Juni, fir iwwert den technesche Volet ze schwätzen, an eng den 13. Juli, fir iwwert de finanzielle Volet vum Projet ze schwätzen. Firwat do als Jointe? Ma well dat dann dee Moment Informatiounen waren, déi fir béid Kommissiounen gläichermoosse relevant waren.

Duerno hu mer eis nach zweemol an der Defensekommissioun gesinn, fir Detailler ze beschwätzen, dat am Oktober an dunn nach emol elo kierzlech, den 10. November, wou mer de Point gemaach kritt hunn, wat den Emplacement vun den Antennen ubelaangt.

Mee och d'Comexbu huet parallel un engem Rapport geschafft. An eis war et eeben, wéi ech virdu gesot hunn, wichteg, d'Konklusiounen aus deem Rapport och an eise Rapport matafleissen ze loosse. An nodeems mer déi Konklusiounen elo kritt hunn, hu mer déi dann och an dëse Rapport hei integréiert.

Elo zu deem e bësse méi komplexen Deel: Ëm wat geet et am Projet? A wat sinn d'Knackpunkten hei an deem Projet? Ech mengen, eng ganz Partie Leit heibanne kennen de Projet schonn e bësse méi laang wéi ech, well se 2018 schonn an der Chamber waren, dee Moment, wou de Projet initialement an der Chamber diskutéiert ginn ass an dunn och gestëmmt ginn ass.

Et geet wéi gesot ëm de Luxembourg Earth Observation System, LUXEOSys, e Programm, dee virgesäit, en Äerdbeobachtungssystem en place ze setzen an en dann och ze operéieren. An deem Beräich entsteet eng ëmmer méi grouss Demande am Beräich vun der Defense. A Lëtzebuerg huet heimadder e Beräich identifizéiert, wou mer kënnen, notament andeems mer eng Lacune fëllen, eisen Obligatiounen en matière de défense nokommen, déi um Niveau vun der EU a vun der NATO gebraucht ginn: Dat si Capacitéiten um Niveau vun der Intelligence, der Surveillance an der Reconnaissance, déi mir heimadder kënnen zur Verfügung stellen.

Ze notéieren am Kader vun deem Projet ass, dass et sech heibäi net ëm e Programm handelt, deem eng kommerziell Exploitatioun vun den héichopgeléiste Biller virgesäit, well et sech hei ëm e Projet handelt, dee sech um Niveau vun institutioneller Kooperatioun mat eise Partner usidelt.

Wéi gesot, de Projet war am August 2018 schonn an der Chamber. An dës hat der Regierung dunn och dee Moment de virgesinnene Budget vun den initialen 170 Milliounen Euro hors TVA accordéiert fir d'Acquisitioun an den Déploiement vum System.

Allerdéngs ass am weidere Verlaf vum Projet festgestallt ginn, dass de geplangte Budget net géif duergoen, fir d'Gesamtkäschte vun der Exploitatioun iwwert déi gesamt Lafzäit ze decken. Effektiv huet sech erausgestallt, dass den Dossier relativ iwwerstierzt an innerhalb vun immens kuerzer Zäit - mir schwätzen hei vun engem Zäitraum vu Juni

bis Dezember 2017 - opgestallt gi war. Dëst ass, soubal dëst sech erauskristalliséiert huet, der Comexbu direkt vum Minister Bausch matgedeelt ginn. An d'Comexbu huet sech dem Dossier dunn och am Detail ugeholl an eng Partie Leit, déi um Projet bedeelegt waren, geruff, fir Froen ze stellen a fir méi Kloeerheet ze suergen.

Vu den erheebelchen Ecart tëscht deem, wat d'Chamber ursprénglech als Budget presentéiert kritt huet, an deem, wat et am Endeffekt wierklech wäert kaschten, huet de Projet natierlech musse reevaluéiert ginn, net nëmmen um Niveau vun der Comexbu, déi sech mam Historique vum Dossier befaasst huet, mee eeben duerno och an der Verdeedegungskommissioun, déi derfir zoustänneg ass, sech mam technesche Volet ze befaassen. Dëst alles, fir kënnen ze evaluéieren, ob sollt um Projet festgehalde ginn oder eeben net.

Esou huet d'Verdeedegungskommissioun och musse festhalen, dass den initiale Projet, wéi gesot, iwwerstierzt opgestallt gi war. Den Depot vum Gesetz war jo och gemaach ginn, ier d'Resultater vun der Preetüd do waren, an domadder gouf et eng ganz Rei Käschten, déi net am initiale Budget figuréiert hunn. Och war et esou, dass de Budget op Basis vun enger Rëtsch vun Hypothesen opgestallt gi war, déi net ausräichend am Virfeld verifiéiert gi waren.

Ënnert dem Stréch ass festgestallt ginn, dass de Budget net richtig definéiert gi war: Verschidden Ausgabe waren iwwerhaupt net virgesinn, anerer waren ënnerschat ginn. A bei dëse Feelaschätzungen handelt et sech ënner anerem och d'Installation vun enger Redondance um Niveau vum Datacenter, d'Location de service beim Gestionnaire vun der Polarantenn an och d'Mise en place vu securiséierte Linnen, déi net budgetiséiert gi waren.

Derbäi kommen awer och Infrastrukturekäschten, déi net virgesi waren an déi awer néideg sinn, fir de Projet iwwerhaupt starten ze kënnen. Esou brauch et zum Beispill Sockelen, fir d'Antennen opstellen. Och déi sinn elo nodréiglech mat budgetiséiert ginn.

Elo war et awer esou, dass vun deenen 170 Milliounen, déi ursprénglech virgesi waren, schonn eppes iwwer 168 Milliounen eleng fir d'Acquisitioun vum System opgebraucht gi sinn. Dat ass dat, wat de Kontrakt mat OHB-I esou virgesinn huet. Domadder war, wéi gesot, quasi den integrale Budget schonn opgebraucht, woubäi dëse Kontrakt eebe just d'Livraisoun vum Segment spatial a vum Segment sol an déi derzougehéiereg Assurance beinhaltet huet.

Wat des Weideren awer och nach gefeelt huet, dat war d'Gestioun vum System. Ursprénglech gouf ugeholl, d'Lëtzeburger Arméi kéint dat iwwerhuelen. Am Kloertext hätt dat bedei, dass d'Arméi ënner anerem derfir zoustänneg gewiescht wier, déi Donnéeën an Empfang ze huelen, d'Billen auszewäerten an ze verschaffen. An dat ass dee Volet, dee mir als „Data Processing Centre“ bezeichnen.

Et ass awer esou, dass d'Arméi déi Méiglechkeeten haut net huet an dass se och à court oder moyen terme net d'Méiglechkeet hätt, sech déi Capacitéiten ze ginn, mat Sécherheet jiddefalls net, ier de System sollt an der Realitéit fonctionéieren.

Fir also sécherzestellen, dass dëse Projet iwwerhaupt kéint an den Delaien ulafen, huet mussen no enger externer Léisung gesicht ginn. Dat schléisst net aus, dass mir elo drop hischaffen, dass mer eiser Arméi déi Capacitéiten au fur et à mesure ginn, fir dass si sech och hei an deem wichtige Beräich ka Savoir-faire uneegnen a Karriärspektive kann ubidden. Och dat war e Punkt, deem e puermol an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. Mee an enger éischer Phas war dat schonn eleng weinst der Rekrutementsprozedur an der Ausbildungsdauer net méiglech, soudass fir dës extern Léisung och weider Käschten ugefall sinn.

Des Weidere war ursprénglech virgesi ginn, dass LuxGovSat de Pilotage vum Satellitt géif iwwerhuelen. Och dat huet sech herno als net méiglech erauskristalliséiert, soudass och fir dëse Volet, dee mer als „Mission Operating Centre“ bezeichnen, huet mussen no enger externer Léisung gesicht ginn. Egal wéi, dëse Volet war och net am Budget virgesinn. A vu dass mer och net kënnen dovun ausgoen, dass LuxGovSat dëst gratis ugebueden hätt, wier dëse Budgetsposten esou oder esou och derbäikomm.

Da koum d'Problematik vum Emplacement vun den Antennen nach derbäi. Och dat war e Punkt, dee mer relativ vill diskutéiert hunn an der Kommissioun. Ursprénglech war Dikrech als Site virgesi ginn. Mee dat war, ier d'Etüd um Site vun Dikrech stattfonnt huet. Dës Etüd ass eréischt Ufank 2019 gemaach ginn an et huet sech dunn erausgestallt, dass Dikrech aus méi Ursaachen net adaptéiert

heifir ass. An nieft technesche Contrainten huet hei och matgespillt, dass déi Plaz, déi heifir gebraucht gi wier, eigentlech och operationell Contrainten hat, vu dass d'Arméi dës Plaz fir aner Saache brauch. Mir kruten dunn erkläert, dass déi Plaz gebraucht gëtt och fir Taktikübungen oder als Landeplaz fir Dronen zum Beispill.

De Punkt vum Emplacement vun den Antenne respektiv der Nécessitéit, de Standuert op Redu an der Belsch ze verlagere, huet an eiser Kommissioun effektiv och fir länger Diskussiounen gesuergt. Duerfir huet de Ministère eis elo Ufank Oktober och eng Note explicative virgeluecht, déi all d'Punkten nach eemol opgegraff huet. Dat ass deels och technescher Natur, a fir ze versichen, et a ganz einfache Wieder ze erklären - dat war net ëmmer esou ganz evident, wann een net grad en Ingenieursstudium gemaach huet -: Et handelt sech hei ëm eng Zort Satellitt, déi um Niveau vun den Antenne virgesäit, dass dës dem Satellitt kënnen „nogen“. Dat heescht, si mussen och nach eng gewëssen Inclinaison hunn, well se mussen eng gewëssen Zäit mat deem Satellitt a Kontakt bleiwen, währenddeems de Satellitt de passage ass. Wann dat net de Fall ass, wann dat net kann assuriert ginn, dann ass net genuch Zäit, fir dass d'Donnéeën vum Satellitt dee Moment, wann en eebe laanschkënn, kënnen erofgespillt ginn.

Fir dat kënnen hei ze maachen, hätte mer relativ opwändeg Infrastrukturearbechte musse maachen. An ofgesi vun Dikrech waren dunn eeben och nach de Findel an de Site vun der SES a Betrecht gezu ginn. Mee all déi dräi Optiounen hu mussen ecartéiert ginn, an d'Detailler heizou fannt Der och am schrëftleche Rapport.

Fir de Programm net och nach duerch zousätzlech Delaien a Gefor ze bréngen, ass dunn d'Optioun vu Redu zrëckbehalde ginn, wéi gesot, an der Belsch. Hei ginn also d'Antennen elo stationéiert an hei soll och d'Station de contrôle d'urgence hikommen. Par contre muss heizou gesot ginn, dass op d'mannst dës Entscheedung keng allze grouss Repercussiounen op de Budget huet an och vun engem operative Point de vue keng gréisser negativ Implikatiounen huet, vu dass mir immens gutt mat eise belsche Partner zesummeschaffen. An en plus ass et esou, dass d'European Space Agency do och Satellitte stoen huet a sech domadder also och Méiglechkeete fir weider Kollaboratiounen kënnen erginn.

Par contre, de Mission Operating Centre, zwee Datacenter souwéi de sougenannte Centre de traitement des images wäerten hirersäits hei zu Lëtzebuerg ugesidelt ginn.

Fir also elo kënnen mat enger zuverlässiger Estimatioun bei d'Chamber zrëckzekommen, huet de Verdeedegungsminister eng extern Etüd an Opdrag ginn. Dës Etüd, déi op Experten am Beräich vun de Satellitten zrëckgegraff huet, soll sämtlech Depensen iwwert déi gesamt Liewensdauer vum Projet berécksiichtegen. Des Weideren ass och op d'Expertis vun der belscher Arméi zrëckgegraff ginn souwéi och op d'Expertis vun der SES.

Dës Etüd ass zur Konklusioun komm, dass eng 139 weider Milliounen néideg sinn, fir de Projet ganz zu Enn ze bréngen. Dat ass zwar nach ëmmer eng relativ pessimistesche Evaluatioun, mee ech mengen, mir wëlle jo alleguerten elo net, dass et derzou géif kommen, dass mer nach eng Kéier missten nuschéissen.

A genee dat ass et och elo, wouriwwer mer eis haut hei prononcéieren. Stëmme mer fir dës Augmentatioun vum Budget, fir de Projet kënnen ëmzesetzen? Oder soe mer, dass mer net weiderfueren, woumat mer dann déi 168 Milliounen, déi schonn engagéiert gi sinn, ausginn hätten, fir am Endeffekt awer näscht ze hunn?

Loosst mech just vläicht nach eng Kéier kuerz erklären, wéi d'Aarbecht opgedeelt ginn ass tëscht deenen zwou Kommissiounen:

Also, an der Defensekommissioun - déi huet sech halt musse prononcéieren iwwert d'Zukunft vum Projet - ass et ëm d'Detailler vum Projet gaangen, dee méi technesche Volet, d'Opportunitéit vum Projet vun engem Defense-Point-de-vue aus gesinn. D'Memberen aus der Defensekommissioun sollten all d'Informatiounen kréien, déi se brauchen, fir kënnen ze entscheeden, ob mir als Chamber sollen déi zousätzlech Gelder gewären, fir dass de Projet kann exekutéiert ginn, oder eeben net.

An d'Defensekommissioun ass majoritairement zur Konklusioun komm, dass se zwar d'Evolution vum Projet regrettéiert, duerfir awer trotzdem der Meinung ass, dass de Programm LUXEOSys nach ëmmer eng Plus-value fir Lëtzebuerg duerstellt an dofir och weidergefouert sollt ginn.

An der Comexbu war et esou, dass d'Aarbecht sech méi drop konzentréiert huet, d'Vergaangenheet ze kucken, den Dossier opzeschaffen. Si huet sech also net onbedéngt iwwert d'Opportunitéit vum Projet ausgeschwat, mee si huet sech eebe mam Historique ausenanergesat an déi demokratesch Kontroll assuréiert. Dat heescht, dass d'Aarbecht an der





Comexbu eng aner Finalitéit hat an deemno hir Konkusiounen um Niveau vum Historique vum Dossier och net onbedéngt en direkte Lien zur Entscheedung hunn, wéi et nieft dem Opschaffe vun der Vergaangenheet eeben an Zukunft soll mam Projet weidergoen. An trotzdem, vu dass d'Comexbu an d'Commission de la Défense hei zu engem groussen Deel am Binom fonctionéiert hunn, hu mir zesummen d'Entscheidung getraff, dass déi Aarbecht aus der Comexbu och soll zu engem Deel mat an dëse Rapport afléissen, nämlech deen Deel vun de Recommandatiounen, déi ausgeschafft gi sinn.

Dës Recommandatiounen géif ech duerfir och hei gären a mengem mëndleche Rapport erëmginn an ech géif och gären direkt soen, dass mir eis an der Verdeelegungskommissioun deene Recommandatiounen nëmme kënnen uschléissen.

Eis éischt Recommandatioun war et, dass an Zukunft bei esou gréissere Projeten ëmmer am Virfeld ganz detailléiert Zuele solle geliiwert ginn, fir dass d'Chamber sech e ganz Bild vum geplangte Budget ka maachen, vum gesamte Projet.

Déi néideg Etüden, souwuel um Niveau vun der Faisabilitéit wéi och um Niveau vum Budget, mussen ofgeschloss sinn, ier d'Chamber mam Projet saisiéiert gëtt.

Drëtzens: D'Comexbu recommandéiert staark, dass d'Chamber bei grouse Projete méi en intensive Suivi vum finanzielle Volet assuréiert, dat onofhängeg vum concernéierte Ministère. Aktuell ass et jo esou, dass dat just fir de Suivi vun de Grands projets d'infrastructure geschitt, wou da reegelméisseg Representantë vu Bâtiments publics, Ponts et chaussées, CFL, Fonds Belval oder esou gesi ginn. An esou war et och de Verdeelegungsminister selwer, dee proposéiert huet, dass dës Prozedur och sollt op gréisser Defenseprojeten ausgeweit ginn.

A véiertens: Um Niveau vun der Kommunikatioun an der Koordinatioun tëscht de concernéierten Acteuren um Niveau vum zoustännegen Ministère an der Arméi recommandéiert d'Comexbu, dass op Regierungsniveau sollen Aarbechtsgruppe geschaf ginn, déi déi richteg Leit, also Leit mat den néidege Kompetenzen an dem néidege Rang, sollen zesummebréngen, fir esou gréisser Projeten adequat ze begleeden.

Heimadder ass mäi mëndleche Rapport zu dësem Projet de loi eigentlech ofgeschloss. Fir weider Detailer invitéieren ech lech natierlech, och de schréftleche Rapport ze consultéieren.

An domadder bleift mer awer elo nach, den Accord vun der gréngr Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt ze ginn. An deen Accord, dee gi mir, well mer zur Konkusioun komm sinn, no all deenen Informatiounen, déi mer elo kritt hunn, dass dëst e gudden Projet ass, deen elo och soll zu Enn gefouert ginn.

Loosst mech awer hei och nach a mengem perséinlechen Numm e puer Mercie lassginn. Fir d'éischt wollt ech Merci soen all deene Leit, déi an deene leschte Méint un dësem Projet geschafft hunn, virop dem Minister a senge Leit, déi sech net gescheit hunn, op d'Chamber duerzekommen, fir eis Deputéiert iwwer all d'Entwécklungen an dësem Projet a Kenntnis ze setzen, an hinnen ëmmer Ried an Äntwert stoungen. Ech géif awer och gären der Madamm Aderm als Presidentin vun der Comexbu Merci soe fir déi Aarbecht, déi si heiran investéiert huet, mat de Membere vun der Kommissioun, fir hei am demokratesche Prozess fir méi Kloecheit ze suergen.

A well mir hei op voll Transparenz setzen, géif ech heimadder och gären am Numm vun der Majoritéit eng Resoloutioun deposéieren, well och wa mir elo all d'Informatiounen um Dësch leien hunn a kënnen en toute connaissance de cause haut eng Entscheedung fir de Suivi vum Projet treffen, esou weess ech awer, dass um Niveau vun der Comexbu weiderhin Onsécherheeten, wat den Historique ubelaangt, um Dossier bestinn.

Déi Resoloutioun, déi mer deposéieren am Numm vun der Majoritéit, beseet, dass mer als Chamber e Rapport spécial bei der Cour des comptes sollen an Opdrag ginn, fir un d'Aarbechte vun der Comexbu unzeknäppen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).** - D'Cour des comptes ass dat Organ, wat kompetent ass, fir de Contrôle vun der Gestion financière vum Staat ze assuréieren, a si steet der Chamber justement heifir zur Säit. An deemno sollte mir och dorobber zrëckgräifen.

Voilà, Här President, ech ginn lech d'Resoloutioun of a soen lech Merci.

#### Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *considérant l'histoire du projet « LUXEOSys », notamment en ce qui concerne le coût du projet ;*

- *vu les conclusions du rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire relatif au projet de loi n° 7542 ;*

- *saluant et partageant la volonté de transparence du Gouvernement dans ce dossier et dans la planification de futurs projets ;*

- *considérant que la Cour des comptes est l'organe compétent pour le contrôle de la gestion financière des organes, administrations et services de l'État et que la Chambre des Députés peut à tout moment demander à la Cour des comptes de présenter un rapport spécial sur des domaines spécifiques de gestion financière,*

*décide*

- *de demander à la Cour des comptes d'établir un rapport spécial sur la gestion financière du projet LUXEOSys et de le présenter à la Chambre des Députés.*

(s.) Stéphanie Empain, André Bauler, Dan Biancalana.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Empain. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aderm agedroen. Madamm Aderm, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **Mme Diane Aderm (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech an de Vif vum Sujet eraginn, wéilt ech eppes ganz kloerstellen: D'CSV steet zur NATO an d'CSV steet zu den Engagementer vu Lëtzebuerg géintwuer der NATO. Mee beim Vott vum zousätzleche Budget haut de Mëtteg fir den Observatiounssatellitt, do kënnen mir beim beschte Wëllen net mat Jo stëmmen.

Dat, wat an dësem Dossier - oder soll ech éischter soen Affär, well mir sinn net méi um Niveau vun engem Dossier hei, mir si carrement an enger Affär dran -, wat doranner geschitt ass, geet net méi op déi berüümte Kouhaut.

Ier ech richteg mam Dossier ufänken, géif ech gären op d'Lignes directrices de la défense zrëckkommen, déi 2017 verëffentlecht gi sinn, an dat no jorelaangen Diskussiounen mat all de concernéierten Acteuren. Ouni elo a sämtlech Detailer vun dëse Lignes directrices de la défense anzegoen, well ech och net d'Zäit hunn, fir dat ze maachen, wéilt ech awer e puer Punkten ervirsträichen, déi hëllefen, fir déi Geschicht hei mam Militärsatellitt besser ze verstoen.

Éischtens: Et gouf an deene Lignes directrices de la défense ganz kloer festgehalen, dass d'Lëtzebuurger Arméi soll aktiv sinn am Beräich vum sougenannten ISR, der Intelligenz, der Surveillance an der Reconnaissance. Dës Capacitéit vun der Arméi solle moderniséiert ginn duerch Investissementer an nei Technologien. An dëst soll am Aklang geschéie mat der traditioneller Reconnaissancemissioun vun der Lëtzebuurger Arméi.

Zweetens: Et soll e Pôle gouvernemental aérien um Findel geschaf ginn, well de Findel schonn deelweis fir militäreschen Zwecker benotzt gëtt. Lëtzebuerg huet eng grouss Expertise am Fluchberäich an och am Krankentransport iwwert d'Aviatioun.

En drëtten Punkt: Lëtzebuerg huet e grouse Savoir-faire am Satellitteberäich. An hei ass och eis Arméi ganz aktiv an der Kommunikatioun iwwer Satellitten. An dësem Zesammenhang steet och schwaarz op wäiss geschriwwen: « La défense étudiera en outre des options en vue de s'engager dans un programme d'observation spatiale. »

Et ass an de Lignes directrices de la défense des Weidere festgeschriwwen, dass den Defensebudget vum Lëtzebuurger Staat soll bis d'Joer 2020 vun 0,4 % op 0,6 % vum Bruttoinlandsprodukt eropgoen. Laut dem fréieren Defenseminister Étienne Schneider wieren dat bal 400 Milliounen Euro pro Joer.

Dës véier Punkte si wichteg, fir d'Suite vum Dossier ze verstoen. 2018 hu mer dunn den éischten Projet LUXEOSys gestëmmt. Deemools huet den Defenseminister Étienne Schneider e Gesetzesprojekt deposéiert iwwer den Observatiounssatellitt an et huet geheescht, dass an deem Dossier alles dra wier. Alles! De Rapporteur Marc Angel sot op der Chamberstribün, an ech zitieren en: „An där Zomm vun 170 Milliounen sinn och d'Frais de gestion an och d'Margen abegraff. An déi Ausgaben do sinn à charge vum Fonds d'équipement militaire.“ Am schréftlechen Rapport vum Marc Angel steet dat selwecht.

Eng Fiche financière gouf et bei deem Projet net. D'Argument war, dass d'Verhandlungen nach amgaang wieren an d'Fiche financière wär confidentiel. Dat huet och de Staatsrät deemools gestéiert. An den deemolege Spriecher vun der CSV, de Jean-Marie Halsdorf, huet um Chambersmikro gesot, dass mer amgaang wieren, eng Virwëlztut ze stëmmen mat deem Observatiounssatellitt, an en huet vum Minister Schneider deemools zousätzlech Informatiounen gefrot. Déi sinn awer net geliiwert ginn, well mir waren de 24. Juli 2018, also an enger vun de leschte Plenarsitzungen virun de Walen am Oktober 2018.

Firwat insistéieren ech drop, dass an deenen 170 Milliounen alles sollt dra sinn? Well genee dat de

Problem ass! Et war awer net alles an deenen 170 Milliounen dran, soss géife mir haut net hei stoen, dës Diskussiounen féieren an eis iwwerleeën, ob mer dann elo mussen 139 Milliounen zousätzlech stëmmen oder net.

Wou kommen déi 139 Milliounen hier? PricewaterhouseCoopers hunn eis e schéine Rapport gemaach, a laut hinne gëtt et dräi verschidde Kategorië vun zousätzlechen Käschten an dësem Projet:

Éischtens: Modification de la configuration afin d'améliorer le système, néng Milliounen Euro, dat ass d'Resilienz vum System, déi soll gestärkt ginn.

Eng zweet Kategorie, dat sinn Hypothèses de base, déi net realisabel sinn: 58,7 Milliounen. Do geet et ënner anerem ëm d'Antennen, déi dann awer net kënnen zu Dikrech gebaut ginn, en Data Processing Centre, e Mission Operating Centre, déi och sollten op Dikrech kommen, an natierlech nach déi ganz Exploitatioun vun den Donnéeën, déi sollt vun der Lëtzebuurger Arméi gemaach ginn, wat déi jo dann och net mécht.

Eng drëtt Kategorie vu Käschten si Käschten, déi am Gesetz vum 14. August 2018 net virgesi waren: 67,1 Milliounen. Heiranner fale Maintenancekäschten vun informatesch Systemer a vun Antennen, Locatiounen vun den Antennen zu Svalbard, awer och d'Exploitatioun an d'Supervioun vu LUXEOSys an dem Mission Operating Centre, deen zoustänneg ass fir d'Kontroll an d'Steuerung vum Satellitt. An dëst hätt solle vu LuxGovSat gemaach ginn.

A schlussendlech kommen nach d'Coûts de support externe. Dat sinn awer Peanuts am ganze Chiffer, dat sinn 3,5 Milliounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den aktuellen Defenseminister François Bausch huet am März vun dësem Joer eng dréngend Reunion vun der Budgetskontrollkommissioun gefrot, well hien hätt en Dossier, wou et finanziell Schwierigkeeten géif, an hie wéilt esou séier wéi méiglech mat deem Dossier an d'Chamber kommen.

Nodeems d'Budgetskontrollkommissioun vun der Chamber da vum aktuellen Defenseminister François Bausch fir d'éischt informéiert gouf iwwer finanziell Problemer bei der Ëmsetzung vum Gesetz an iwwer méiglech zousätzlech Käschten, huet dës Kommissioun beschloss, eng ganz Partie Leit ze héieren, déi an deen Dossier implizéiert waren. An dëst gouf gemaach an der Optik fir ze verstoen, wat schifgelaf ass a wéi eng Konsequenzen een doraus kann zéie fir d'Zukunft.

Ugefaangen hu mir mam Patrick Heck, dem fréieren Direkter vun der Defense ënnert dem deemolege Minister Étienne Schneider. Och den Étienne Schneider, als fréieren Defenseminister, gouf gehéiert. Des Weidere gouf mam Kolonell Paul Nilles de fréiere Personälchef vun der Lëtzebuurger Arméi gehéiert, an och de Chef d'état-major vun der Arméi, de General Alain Duschène. Eise leschten Invité war den Direkter vu LuxGovSat, de Patrick Biewer.

An ech mengen, d'Reaktiounen vun den Deputéierten no deenen eenzelne Kommissiounssitzungen waren an deem Sënn ganz opschlüssend. Do ass e puermol de Saz gefall: „Mir si belu ginn!“

Ech ginn lech just ee Beispill, dat Beispill vum Här Heck: Den Opdréit vum Här Heck war, ech muss scho soen, äusserst speziell. An hien huet d'Chamber carrement belunn. Op d'Fro hin, ob hie viru senger Ausso mam Étienne Schneider geschwat hätt, huet hien an der Kommissioun „Nee“ gesot. Deen Dag drop huet hie seng Ausso revidéiert a behaupt, hie wier mat der Situatioun an der Chamber iwwerfuert gewiescht. Entschëllegt, den Här Heck war awer ëmmerhi mol eng Kéier Direkter vum Geheimdéngscht hei zu Lëtzebuerg an e war Direkter vun der Defense!

(Brouhaha)

Et ass en héije Beamten hei am Lëtzebuurger Land. Dee kann net einfach soen, e wier iwwerfuert gewiescht, wann d'Chamber him e puer Froe stellt zu engem Dossier. Da muss dee Mann weinst Onverméigenen zrëckgestuift ginn, oder et muss ee sech wierklech Froe stellen iwwer seng Capacitéiten, déi en nach huet.

(Brouhaha)

Zousätzlech huet dee gudden Mann eis e Memorandum gi fir d'Membere vun der Budgetskontrollkommissioun, fir dass mer dann zousätzlech Informatiounen kréichen. An dee Memorandum, deen da just fir den interne Gebrauch geduecht war, dee war bannent kierzester Zäit integral um Internetsite vun RTL ze liesen. Méi ass an där ganzer Saach net erauskomm. Et ware just Ongereimtheeten a kontradiktöresch Aussoe vu vir bis hannen, déi sech an de Verbatime vun all deenen Auditatiounen erëmispigelen. Ech ka se net allequerten hei opzielen, well ech géif Stonnen duerfir brauchen. Ech wëll awer just e puer Punkten eraushuelen, well déi einfach markant waren.

Ugefaange mat der Genèse vum Projet a mat OHB-I: Wéi kounn dee Projet deemools an de Wirtschaftsministère? A wéi ass et duerno weider-

gaangen? Wéi eng Roll huet HITEC an dësem Dossier gespillt? Gouf et iergendwelch Verspriechen un OHB? Wéi eng Verbindung huet bestanen zwëschent dem CEO vun OHB an dem deemolege Wirtschafts- an Defenseminister Étienne Schneider? OHB ass fir den deemolege Wirtschaftsminister keen onbeschriwwent Blat. Hie war reegelméisseg a Kontakt mat hinnen am Kontext vu senger Spacemining-Initiativ. Dës Firma gëtt also vum Wirtschaftsminister Étienne Schneider un den Defenseminister Étienne Schneider weidergeleet.

An dunn ass et eng Kéier ganz séier gaangen: Am Dezember 2017 krute si den Opdrag, fir eng Viretüd ze maachen, eng Etüd, déi iwwregens, wéi de Projet de loi virgeluecht ginn ass, nach net ofgeschloss war! Déi war eréischt am Juni 2018 ofgeschloss, an am Juli ass de Projet gestëmmt ginn. An am September gouf schonn ënnerschrifft.

Et ass eng enk Verbindung, vläicht eng perséinlech Verbindung tëscht dem deemolege Wirtschaftsminister an Defenseminister an dem CEO vun OHB, dem Marco Fuchs, well dee lueft den Étienne Schneider um Site vun OHB de 6. Februar 2020 explizit. Hie lueft den Étienne Schneider an den héchsten Téin an e bedauert säin Ausscheeden aus der Regierung.

Wann ee gesäit, mat wéi enger Vitesse dee Projet duerch sämtlech Instanzen geboxt ginn ass, da stéisst et engem sauer erop! An et muss ee sech d'Fro stellen, ob hei alles selon les règles de l'art geschitt ass. Wann ee gesäit, wéi d'Marché-publics-Gesetz méiglecherweis gebéit ginn ass, fir där Firma den Zouschlag ze ginn, da kann ee mol esou munch Zweifel an der Rechtméissegkeet vun deem Marché äusseren.

Erschweierend kënn nach derbäi, dass mir einfach keng kloer Äntwerte kréien. Den Étienne Schneider verstoppt sech hannert senge Beamten, de Patrick Heck, éischte Beamten an der Defense deemools, stellt sech entweder domm oder en huet keng Anung vum Marché-publics-Gesetz. D'Madamm Nina Garcia schwätzt vu Gewunnechten, déi deemools an der Defense waren, well och nodeems et e Marché-publics-Gesetz an der Defense zënter 2012 gouf - 2012! -, wier awer nach weidergeschafft gi wéi virdrun: „Jo, dat Gesetz, dat gouf et dann eeben, mee mir haten eis Gewunnechten.“

Den Här Bausch sengersäits seet awer als jëtzenge Defenseminister, d'Marchéë sollen ausgeschriwwen ginn.

Niewebäi sief bemierkt, dass et géint déi Attribution vum Satellittebau un OHB-I zwee Recourse gouf, déi awer duerno fale gelooss gi sinn. Firwat? Kruten déi zwee Konkurrenten aner Saachen an Aussicht gestallt? Mir wëssen et net. Goufen d'Lignes directrices vun der Defense eventuell sengerzäit adaptéiert, fir dës Projet mat eranzekréien, sou wéi eng Journalistin dat an engem Interview mam aktuellen Defenseminister suggeréiert hat? Mir wëssen et net. Dat misst opgekläert ginn.

Zweete Punkt: PwC. PwC ass vum Här Bausch beoptraagt ginn, eng Revue de programme ze maachen, Enn 2019. Firwat goufen an deem Kontext déi Här Schneider an Heck net gehéiert? PwC seet eis: „Mir hu just op Basis vun Dossiere geschafft an et war net virgesinn, fir iergendeen ze héieren!“ Wat och ëmmer dat heescht.

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob et wierklech intelligent war, fir PwC mat där Revue de programme ze befaassen, well et stelle sech an eisen Ae verschidde Froen. Den Här Heck erzielt eis zum Beispill, dass PwC eng Stratégie de recrutement fir d'Arméi gehollef huet ze entwéckelen. Stëmmt dat? PwC ass de Wirtschaftsprüfer vun OHB SE an Däitschland. Här Minister, sidd Dir dovunner au courant? Mir stellen eis ganz kloer d'Fro, ob PwC net en Interessenkonflikt huet an dat Mandat vläicht guer net hätt dierfen unhuelen. Firwat also grad PwC?

Och hei gouf sech bei der Vergab vum Marché net un d'MarchésGesetz gehalen, oder mir wëssen et zumindest net. Dat Eenzegt, wat kloer ass, dat ass, dass PwC als Assistance à la maîtrise d'ouvrage zrëckbehalde gouf, well si déi Revue de programme realiséiert hunn. An do ass kloer an daillech gesot ginn, dass do keng Ausschreibung méi gemaach gi war.

Do sinn eng ganz Partie onglécklech Zoufäll an eisen Aen, an déi missten am Detail beliicht ginn.

Drëtten Punkt: d'Roll vun der Arméi an deem heiten Dossier. Am Gesetzesprojekt war virgesinn, dass d'Arméi géif den Data Processing Centre iwwerhuelen. Hei ginn d'Ufroen fir d'Billen behandelt an et gëtt derfir gesuergt, dass och déi richteg Billen gemaach ginn a weidergeleet ginn. Duerfir brauch ee laut PwC eng 20 bis 25 Leit mat dem néidegen informatesch Material. Dës 20 bis 25 Leit gouf et awer 2018 net an der Lëtzebuurger Arméi.

Den Här Beaudot, de belsche Spezialist, dee fir d'Lëtzebuurger Defense schafft, huet eis erkläert, dass et sech ëm eng Formatioun vun ongeféier sechs Méint handelt, déi een an der Belsch mécht,



fir spezifesch kënnen déi Biller do ze exploitéieren. De Gesetzesprojekt, deem éischten, gouf 2018 deposéiert, de Satellitt sollt 2022 operationell sinn, also hätt ee véier Joer gehat, fir d'Leit anzustellen an auszubilden. Et hätt een dach direkt kënnen de Profill vun de Leit ausschaffen a se rekrutéieren. Jiddweree weess jo, dass déi dote Prozedur dauert. An da mussen déi Leit nach hir Formation de base um Härebiereg maachen. Dann eréischt gi se fir eng spezifesch Formatioun an d'Belsch.

Laut de Lignes directrices hätt d'Armée sech misen dës Kompetenzen uneegnen, well dat jo an de Beräich ISR fält, dee sollt ausgebaut ginn. An d'Armée war derbäi, wéi d'Lignes directrices ausgeschafft goufen. Esouwuel de Patrick Heck wéi den Étienne Schneider soten eis, dass d'Armée dës Tâche sollt iwwerhuelen an dass dat och esou virgesi war.

De Kolonell Nilles, dee bis 2018 responsabel fir d'Personal vun der Armée war, sot eis, dass ni rieds gaangen ass, fir zousätzlech Leit anzestellen respektiv Spezialisten anzestellen. Och den Här Beaudot seet eis, dass d'Diskussioun ronderëm d'Astelle vun zousätzleche Persounen ëmmer relativ flou war.

An de Generol Duschène seet eis carrement, dass hien eréischt beim Liese vum Gesetzesprojekt realiséiert huet, dass d'Armée concernéiert wier. Dës Weideren huet hien eis gesot, dass d'Leit fir de LUXEOSys dann zousätzlech zu deene 45 Leit missten agestallt ginn, déi d'Armée all Joer astellt, an déi zousätzlech Leit wieren awer nun emol am Budget pluriannuel vun der Armée net virgesinn.

Hei stellt sech wierklech d'Fro, wie mat wem geschwat respektiv net geschwat huet!

Et gëtt dach Reunione vum sougenannte „COCO-DEF“, do sëtzt d'Defense dra grad wéi d'Armée. Wat schwätzen déi Leit dann do mateneen, wa se net iwwert déi heiten Dossiere schwätzen? Drénke se Kaffi? E Gliesche Waasser? Et muss ee sech Froe stellen! Firwat ass näischt geschitt? Firwat huet d'Armée sech net op d'Bee gesat an insistéiert, fir déi Leit ze kréien, déi se gebraucht huet?

Firwat huet de Minister Bausch keng Initiativ ënnerholl, fir d'Leit anzustellen? Hie stellt just fest, oder éischter gesot, hie léisst duerch PwC feststellen, an dat am Mäerz 2020, nodeems en awer schonn iwwer ee Joer Defenseminister ass, dass déi Leit net do sinn. An eisen Ae gesäit proaktiv Politik anescht aus!

Véierte Punkt: d'Antennen. Am urspréngleche Projet vun 2018 war jo virgesinn, dass d'Antenne sollten op den Härebiereg kommen. Wéi d'Kommissioun vun der Defense eng Visitt um Härebiereg uganks 2019 gemaach huet, war dat och nach esou virgesinn. Duerno sinn d'Experte vun OHB-I an HITEC och op de Site gaangen an dunn hu si festgestallt, dass et awer net geet. Et gouf vun engem Hangar geschwat. Et gouf vu Beem geschwat. Et gouf vun enger Landeplaz fir Drone geschwat. An zu gudder Lescht gouf gesot, d'Armée bräicht dës Plaz fir aner Projeten.

Och de Site vun der SES zu Betzder gouf eréischt am Juni 2020 verworf. Am leschten Oktober si mir du gewuer ginn, dass nach am August 2020 eng Visitt um Site stattfonnt huet, mee wou dann awer festgestallt ginn ass, dass et zwar duerchaus méiglech gewiescht wier, technesch méiglech gewiescht wier, fir d'Antennen op Betzder ze setzen, mee et wier een elo ënner Zäitdruck, well et misst e Kommodo gemaach ginn an et missten héich Bëttonssocke gebaut ginn. A ganz niewebäi si mer dunn och nach gewuer ginn an enger Nott, déi mer kritt hunn, dass et och emol Iwwerleeeunge gouf, fir d'Antennen op de Findel ze setzen.

Fënnefte Punkt: d'Roll vu LuxGovSat. Am Verwaltungsrot vu LuxGovSat sëtzen eng Rei Vertrieeder vum Lëtzebuurger Staat, well dës Firma deels Staat an deels SES ass. Den Étienne Schneider huet eis an der Budgetkontrollkommissioun Extraite vu Procès-verballe vun Verwaltungsrot virgelies, wou allkéiers drasteet, dass LuxGovSat interesséiert wier, fir d'Exploitatioun vum Satellitt ze maachen. Dat sinn Extraite vun 2018.

Am September vun dësem Joer war de Patrick Biewer, Direkter vu LuxGovSat, bei eis an der Budgetkontrollkommissioun. Hie lieist eis e puer méi Sätz aus deene selwechte Procès-verballe vir. An do héiere mir dann, dass eigentlech ëmmer hanndrusteet: „subject to the right diligence and reception of the requirements from the Luxembourg Defence“. An dës Requirements vun der Luxembourg Defence louchen eréischt am Hierscht 2019 vir. An dunn huet LuxGovSat festgestallt, dass si eigentlech keng Offer elo géifen op deen detailléierte Cahier des charges maachen, well si net outilléiert wieren, a souwisou wéilte si der SES, wat jo och deelweis hiert Mammenhaus wier, keng Konkurrenz maachen.

Sechste Punkt: d'Marchés-gesetz. Ech hat et schonn ugeschwat: OHB-I hat den Optrag kritt, fir eng Viretüd ze maachen iwwert d'Parametere an d'Besoinne vum System an dës Etüd war nach net

ofgeschloss 2018, wéi de Projet deposéiert ginn ass. Ass et do zu enger Ausschreiwung komm oder net? Esou wéi mir et verstanen hunn, ass et net wierklech zu enger Ausschreiwung komm. Et koum wuel zu engem RFI, engem „request for information“. Dee gouf awer just gemaach, fir de Präis ze drécken. A PwC soen an hirer Revue de programme just lapidar, si géife sech net zur Legalitéit vun deem Marché oder Net-Marché, oder wat och ëmmer, ausschwätzen. Dont acte!

Den Étienne Schneider mengt dozou: „Jo, ech hu mech op meng Beamte verlooss.“ An de Beamte Patrick Heck stellt sech entweeder domm oder e weess et net. An d'Madam Nina Garcia, ëmmerhi Juristin aus der Defense, kënn dann erëm op hir „Gewunnechten“ zrëck, déi et an der Defense gouf, jo, voilà: „Ier et dat Gesetz 2012 gouf iwwert d'Marchés publics an der Defense, huet een dat esou gemaach, wéi een dat fir gutt fonnt huet, an dunn duerno ass een eigentlech mat deene Gewunnechte virugefuer.“

#### (Brouhaha et hilarité)

Jo, Dir laacht! Et ass net méi fir ze laachen an där heiter Saach!

An da gëtt et zu all deenen inhaltleche Froen, déi ech elo opgeworf hunn, och nach aner Punkten, déi opstinn: Firwat ass de Gesetzesprojekt esou séier vun Étienne Schneider virun de Walen 2018 duerch d'Chamber gedréckt ginn? D'Chamber wousst zu deem Zäitpunkt net, dass dee ganze Budget aleng nëmmen duerch de Bau an de Lancement vum Satellitt opgebraucht war. Am Ministère ware se sech däärs awer wuel bewosst. An och de Wirtschaftsminister wousst dat. En huet d'Chamber net informéiert. Firwat? Och net am September 2018, wéi en de Vertrag mat OHB-I ënnerschrifft huet, wou scho gewosst war, dass déi 170 Milliounen net géifen duergoen. Firwat?

Zweet Kategorie Froen: Firwat ass den aktuellen Defenseminister François Bausch eréischt am Mäerz 2020 mam Dossier an d'Chamber komm, ob-schonn hie schonn am Fréijoer 2019 gemierkt huet, dass et net duergeet mat de Suen? Wollt hie waarden, bis den Étienne Schneider aus der Regierung ausgetrueden ass?

An et mécht mech richteg rosen - awer wierklech richteg! -, dass den aktuelle Verdedegungsminister dëst Haus, den éischte Pouvoir, net éischter informéiert huet. Hie wousst dat schonn esou laang am Viraus. Hi wousst, dass et mindestens 70 bis 80 Milliounen Euro méi deier géif ginn. An en huet d'Chamber annerhalleft Joer laang am Donkele gelooss. Och dat ass en handfeste Skandal a weist, wat de Minister vun der Chamber hält.

Dass de fréiere Minister net wollt virun de Walen zrëck an d'Chamber kommen, kann ee sech virstellen. Mee Dir als neie Minister, Här Bausch, Dir hätt missen Tacheles schwätzen. An dat hutt Dir net gemaach! Dir hutt gewaart, bis den Här Schneider sech aus der Regierung zrëckgezunn hat.

An da ginn et zwou Méiglechkeeten, firwat dass een dat esou mécht, wéi Dir et gemaach hutt: Entweder Dir wollt net, dass den Här Schneider lech nach am Regierungsrot géif draschwätzen. Esou wéi beim PwC-Rapport sollt hien nëmmen net iwwer Är Pläng informéiert ginn. Oder Dir hutt mam Här Schneider gemeinsam Saach gemaach. Dir wollt verhéineren, dass d'Chamber him e Stréck géif draus dréien, an Dir wollt verhéineren, dass seng politesch Responsabilitéit géif engagéiert ginn. Dat, nodeems de „Macher Schneider“ schonn esou munch Suen an de Sand gesat hat. Ech erënnere u Planetary Resources, Join an esou weider.

Sou oder sou, egal wéi den Dossier gelaf ass, Här Minister, och Dir sidd responsabel dofir. An da kommt Dir bei eis an d'Chamber an da wëllt Dir eis Rotschléi ginn, wat mir an der Comexbu ze maachen hunn!

Ech hu mir Ären Interview vum Mee 2020 nach eng Kéier ugelescht. Deen ass eigentlech un Iwwerhiefléckheet vis-à-vis vun der Chamber net méi ze iwwertreffen. Frappant ass an deem Interview, dass Dir maacht, wéi wann Dir lech guer net mat der Vergaangenheet auseneegesat hätt. All Fro, wou et ëm Äre Virgänger geet a wat do am Ministère gelaf ass, gitt Der aus de Féiss. Mee der Chamber, där gitt Der awer gutt Rotschléi!

An ech soen et nach eng Kéier: Dat hutt Dir gemaach, nodeems Dir et verpasst hutt, d'Chamber en temps utile iwwert d'Méssstänn an Ärem Haus ze informéieren. An et geet sécherlech net duer, fir sech hee hannernt engem Kontabilitéitsgesetz ze verstopen an ze soen: „Ech brauch eréischt an d'Chamber ze kommen, wann de Budget opgebraucht ass, oder kuerz virun, fir eng Rallonge gestëmmt ze kréien.“ Dat ass de Geck mat der Chamber gemaach! An dat ass Är Responsabilitéit, Här Bausch.

En drëtte Punkt: Et gëtt och nach aner technesch Méiglechkeete wéi e Satellitt, fir Biller vun der Äerd ze kréien. Dat sinn Dronen. Ass d'Optioun vun den Dronen analyséiert ginn, ier mer elo nach eng Kéier 139 Milliounen fir de Satellitt noschéissen?

Véiert Fro: Et gëtt en Artikel vum „Lëtzebuurger Land“ vum 31. Juli 2020. Ech zitieren: „Verteidigungsminister Bausch bestätigt dem Land, dass das Satellitenprogramm in NATO-Kreisen auf wenig Verständnis gestoßen ist und Luxemburg aktuell unter Druck steht. Die NATO erwarte vor allem, dass Luxemburg sich stärker auf terrestrische Aufklärungsarbeit konzentriert. Das heißt: mehr Truppen mit mehr Feuerkraft.“

Firwat gëtt trotzdem um Projet LUXEOSys festgehalten, wa mir riskéieren, en net als NATO-Effort unerkannt ze kréien? Kënne mer dozou eng kloer an däitlech Ausso kréien, wannechgelift?

An dann nach eng Kéier e fënnefte Punkt, d'Lignes directrices de la défense, wou erëm eng Kéier vum Pôle gouvernemental aérien um Findel geschwat gëtt. Et war virgesinn, fir en Hangar ze bauen, an deem d'Militärlifere kéinte stoen an och d'Maintenance gemaach ginn. An deem Hangar sollt och fir d'Militärmedezinn benotzt ginn. Firwat ass dës Pôle aérien net geschaf ginn um Findel?

De jëtzege Minister seet: „Et ass net genuch Plaz do.“ Da stellen ech meng Fro anescht: Firwat huet de Mobilitéitsminister Bausch net an der viregter Regierung drop opmierksam gemaach, dass et keng Plaz um Findel fir dee Pôle aérien gëtt? Firwat huet hien déi Ligne-directrice matgedroen an der Regierung? Hätt hien net misse den deemolegen Defenseminister dorop hiweisen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen esou lues zum Ofschloss. Ech mengen, mir sinn eis hei am Haus eens, dass esou e Fiasco wéi dësen net méi däerf virkommen. Mir sinn eis eens, dass d'Chamber muss fréizäiteg komplett an och kontinuéierlech iwwer nei Projeten informéiert ginn.

An an deem Sënn géif ech en Appell un de Minister maachen, esou séier wéi méiglech an déi zoustänneg Chamberskommissioun ze kommen, fir déi aktuell ustoend an zukünfteg Projeten ze presentéieren. Dat hutt Dir an Aussicht gestallt, et ass awer nach net geschitt.

Mir hätten och gäre weider Prezisiounen zu de Berechnunge vum Effort vun der Defense, well mir mengen, dass et do eng Partie Onkloerheete gëtt, wéi gerechent gëtt, fir op déi 400 Milliounen ze kommen. An ech mengen, mir sinn eis och hei am Haus eens, dass et kee Sënn mécht, sënnslos Suen auszeginn, just fir eisen Engagementer vis-à-vis vun der NATO gerecht ze ginn.

D'Gesetzesinitiative musse sämtlech Käschten ëmfaassen. Dat gouf an der Vergaangenheet wäitgeeëndst gemaach. Dat gouf och vusäit vun der Madam Garcia confirméiert, entgéint vun den Aussoe vum Här Heck an och verschiddene Membere vun der LSAP-Fraktioun. Et däerf kee Flécken-teppech méi sinn!

D'Koordinatioun um Niveau vun der betraffene Gremie muss verbessert ginn. De Ministère, d'Armée an d'Direction de la défense mussen Hand an Hand schaffen.

Donieft ass et awer och wichteg, dass mir eis als Chamberskommissioun déi néideg Moyene ginn, fir och eiser Kontrollfunktioun besser gerecht ze ginn. An duerfir géif ech en Appell un d'Chamberadministratioun maache fir ze kucken, wéi Projeten am Beräich vun der Defense gemengerhand am Ausland begleet ginn.

An ech wéilt dann awer zum Schluss nach eng Kéier kuerz eisen Nee zu dësem Projet resuméieren: Eist Vertrauen an de viregten, awer och den aktuellen Defenseminister huet staark gelidden. Et sinn zwee Ministeren, déi sech géigesäiteg Schuldzuweisung maachen, d'Direction de la défense, déi de Ball der Armée dohispielt, d'Armée, déi de Ball nees zrëckspilt, Beamten, déi d'Chamber riicht-eraus beléien. Eventuell illegal Handlungen. Steiergelder, déi mir näischt, dir näischt zur Fëster erausgehäit ginn, well och dës Projet kéint eventuell duerch den Asaz vun Dronen a seng Schranke gewise ginn.

Déi lescht Informatiounen a Saachen Emplacement vun den Antenne weisen iwwregens, dass den Dossier nach ëmmer net mat dem néidege Seriö ugepaakt gëtt. Et herrscht nach wie vor net déi néideg Transparenz. Esou si mir zum Beispill als Defensekommissioun, wou ech dann och d'Chance hunn, Member ze sinn, bei enger Visitt vun der NSPA (ndlr: NATO Support and Procurement Agency) an engem Niewesaz gewuer ginn, dass d'NSPA eventuell kéint fir de Projet LUXEOSys Datecapacitéit zur Verfügung stellen. Vu Regierungssäit si mir dat doten net gewuer ginn. Mir hunn dat just op Nofro hi confirméiert kritt.

Och wat de Rekrutement vum Niveau vun der Armée ugeet, huet sech näischt gedoen zënter dem Amts-untrëtt vum François Bausch.

Och eng besser Informatioun iwwer nei Projeten huet nach net stattfonnt. Et ginn zwar schéin Annoncé gemaach, mee et huet sech nach näischt gedoen.

An de Projet LuxGovSat, och en anere Projet, deem an der leschter Legislatiur gestëmmt ginn ass, kann

och net un d'Versprieche vum Étienne Schneider uknäppen, well wann een d'Konte fir d'Joer 2019 kuckt, do gesäit een, dass relativ vill Perten accumuliert gi sinn. An do ass ze liesen, dass et wäert schwéier sinn, dës Perten opzehiewen.

Aus all deene Grënn a well mir jo dovunner ausginn, dass och kee Wëlle besteet, an dësem Dossier vollëmfänglech opzeklären, wäert d'CSV géint dës Projet stëmmen.

An ech deposéieren duerfir och am Numm vun de véier Oppositiounsparteie - mat der ADR, déi Lénk an de Piraten - eng Resolutioun, fir eng Enquête-kommissioun ze froen, fir allegueren déi Froen, déi ech elo hei opgezielt hunn, beäntwert ze kréien, an zwar richteg an net mat Kontradiktiounen a Wischiwaschi-Äntwerten.

#### Résolution 2

« Instauration d'une commission d'enquête dans le contexte du projet LUXEOSys »

La Chambre des Députés,

- rappelant l'adoption en fin de législature dernière du projet de loi n° 7264 autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite et son segment sol destinés à l'observation de la Terre (ci-après « projet LUXEOSys ») pour un montant total de 170.000.000 euros TVA non comprise (y inclus les frais liés à l'acquisition, le lancement et l'exploitation du satellite) ;

- rappelant dans ce contexte les affirmations du rapporteur du projet de loi n° 7264 sur les ondes de la radio 100,7 : « Ech hu gemengt, et wier alles abegraff » ;

- renvoyant toutefois à la revue de programme commanditée par le Ministre de la Défense et présentée à la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire (ci-après la « Commission ») le 30 mars 2020, laquelle fait état d'une augmentation de l'enveloppe budgétaire de presque 140 millions d'euros, soit pratiquement le double du prix initialement prévu ;

- rappelant qu'au vu de cette explosion des coûts, la Commission a décidé d'entendre les parties en charge du dossier ;

- qu'il en est ressorti que :

· l'ancien Ministre de la Défense et l'ancien directeur de la Défense savaient déjà en septembre 2018 que le budget voté était insuffisant,

· l'actuel Ministre de la Défense et son directeur de la Défense en avaient connaissance au plus tard avant l'été 2019,

- qu'ils ont toutefois tardé à en informer la Commission ;

- que l'audition des parties en charge du projet LUXEOSys n'a au demeurant pas permis de faire la lumière des tenants et aboutissants du dossier ;

- que pire encore, au cours des entrevues, il est apparu que les déclarations des parties prenantes n'étaient pas concordantes et même contradictoires, notamment en ce qui concerne :

· la mise en place du segment sol, y compris les antennes,

· le rôle à assumer par l'Armée dans la prise en charge du projet,

· l'implication de la société LuxGovSat,

· la passation des marchés publics,

· la budgétisation du projet,

- qu'il s'ensuit que les députés ont été induits en erreur, manipulés, pour ne pas dire trompés ;

- rappelant la fonction de contrôle que la Chambre des Députés est en droit d'exercer vis-à-vis du Gouvernement dans un régime démocratique ;

- notant dans ce même contexte que les moyens de la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire sont limités,

décide

- d'instituer une commission d'enquête conformément à l'article 64 de la Constitution, aux dispositions de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires avec pour mission :

· d'examiner la genèse du projet LUXEOSys,

· de revoir la gestion du projet au sein de la Direction de la défense et l'interaction de celle-ci avec les différentes parties prenantes,

· de vérifier le respect des procédures notamment en matière de passation des marchés publics,

· d'examiner les questions connexes qui pourraient surgir au cours de ses travaux,

- de faire rapport à la Chambre des Députés conformément à l'article 12 de la loi précitée, et ce dans les meilleurs délais.

(s.) Diane Adehm, Sven Clement, Fernand Kartheiser, David Wagner.

An ofschléissend géif ech nach gären eng Kéier op zwee Zitater zrëckkommen, souwuel vum Patrick Heck wéi vum Étienne Schneider, déi praktesch





identesch sinn. De Patrick Heck seet: „Et ware Suen do a mir hu Projete gesicht fir d'NATO.“ An den Étienne Schneider seet an engem Interview op RTL: „Och wann de Projet méi deier gi wier wéi déi ursprénglech 170 Milliounen Euro, et ware jo Suen do.“

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Madamm Adehm. Nächste Riedner ass den hono-rabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler (*DP*).** - Merci, Här President. Ech wollt virop der Rapportrice fir d'éischt Merci soe fir deen dach awer ganz détailléierte Rapport, dee si hei gemaach huet iwwert dësen dach äusserst techneschen a komplizéierten, jo, verwurrelten Dossier, virun allem och dee ganze Wäerdegang vun dësem Dossier, dee mer jo och ënnert der Pre-sidence vun der Madamm Adehm an der Comexbu iwwer Wochen a Méint duerschstudéiert hunn.

(*Brouhaha*)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et si bal 65 Joer hier, datt den éischte kënschtlechen Äerdsatellitt an de Weltall geschoss gouf. Nodeems den ame-rikanesche President Eisenhower 1955, am Kader vun de Virbereedunge fir dat internationaalt geo-physikalescht Joer, den Uerder fir de Bau vun engem Äerdsatellitt ginn hat an d'Sowjetunioun -véier Deeg duerno eng änlech Aktioun ugekën-negt hat, war d'Course zwëschent deenen zwou Weltmuechte lancéiert.

Déi westlech Welt huet net schlecht gestaunt, wéi d'Sowjetunioun schonn de 4. Oktober 1957, also zwee Joer drop, de Satellitt Sputnik 1 an de Weltall geschoss huet. D'Missioun vum éischte Satellitt war et fir ze beweisen, datt et méiglech ass, kënschtlech Objeten am Weltraum ze lokaliséieren.

Mam Sputnik 1 - no deem jo och d'ailleurs en neie Vaccin soll benannt sinn - huet d'Ära vun der Welt-raumfaart ugefaangen. Zanterhier kreesen zeg Sa-tellitte ronderëm d'Äerd a Planéite bezéiungsweis Stäre vun der Mëllechstrooss. Ob Navigatiouns-, Observatiouns-, Kommunikatiouns- oder eebe Mili-tärsatellitten, eleng 2.800 Satellitten oder Äerdtra-bante kreesen zurzäit ronderëm eise Planéit.

Vergiesse mer net, datt Lëtzebuerg Enn den 80er Joren et gepackt hat, fir sech als Satellittestand-uert op der Landkaart ze positionéieren. No den 1970er Joren hätt kee Mënsch dat fir méiglech ge-halen an och an den 80er Jore gouf et Stëmmen, déi dëse Projet äusserst kritesch gesinn hunn. Enn 1988, viru bal 22 Joer also - ech ka mech nach ge-nee un d'Billen erënneren -, ass et eiser deemoleger Regierung ënnert dem Staatsminister Jacques Santer du gegléckt, vun der Weltraumstatioun Kou-rou aus e Satellitt an de Weltall ze schéissen. Dat huet vill Courage verlaangt. Eng déck Staang Sue stoung um Spill. De Risiko war also ganz héich, ma mir hate Chance an d'Adventure ass um Enn ge-gléckt. Haut kënnen mer op eng 30-järeg Erfahrung am Beräich Satellitten zrëckkucken.

Deemnächst soll dann en neie Satellitt bäikommen, de militäreschen Observatiounssatellitt LUXEOSys. D'DP steet hannert den Ziler an der Noutwendeg-keet vun dësem Projet. De Satellitt ass e Bäitrag vu Lëtzebuerg am Kader vun eiser Bedeelegung an der NATO.

(*M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.*)

Lëtzebuerg ass an der NATO an an der EU Ver-flichtungen agaangen an d'Regierung ass och gewëllt, déi Obligatiounen ze erfëllen. Eist éischt Zil, bis d'Joer 2020 0,6 % vum PIB an d'NATO ze in-vestéieren, hu mer erreecht. Elo geet et drëms, fir eist zweet Zil, bis 2023 also op 0,72 % ze kommen, och ze erreechen.

Mat dem Projet Militärsatellitt kann ee ganz kloer Biller maachen a se un d'NATO oder un d'UNO wei-derginn. Loosst mech ganz kuerz zwee Beispiller vum Notze vun deem Satellitt ginn: Sou kënnen mer zum Beispill d'Küste besser iwwerwaachen, awer och Konflikter duersch Observatioun, duersch Beo-bachtunge besser antizipéieren a vläicht dozou bäidroen, se ze entschäerfen.

Eise Bäitrag an der NATO wier och mat 0,72 % vum PIB nach kleng am Verglach zu dem Seuil vun 2 %, dee mer gesat kritt hunn. Mäi Fraktiounskolleeg Gusty Graas huet awer schonn dacks hei op dëser Tribün betount, dass déi 2 % fir eis op guer kee Fall en ustriewenswäert Zil sollte sinn. Fir Lëtzebuerg ass et zimmlech illusoresch, fir dat ze erreechen.

Aus de genannte Grënn wier et net gutt, wa mer dee Projet vum Militärsatellitt op hallwer Streck wuertwärtlech géifen ofwiergen oder ofschéissen. Mir géifen eisen Zousoen op internationalem Plang net gerecht ginn. Mir géifen net méi als zuverlässi-sege Partner an der NATO ugesi ginn.

Ech kommen awer net derlaanscht, fir iwwert de Fi-nanzement vum Militärsatellitt ze schwätzen. Vill Käschten, a meng Virriednerinnen hunn dat hei be-tount, waren am initiale Projet, deen 2018 kuerz

virun de Wale vun der Chamber gestëmmt gouf, net opgelëscht. Dat ass e Fakt an dee bedauere mer.

Mir begrëssen awer, dass den aktuelle Minister, wuelgemierkt Verdeedegungsminister, sech kloer derfir ausgeschwat huet, dass an Zukunft de ge-neeë Käschtepunkt vun engem Projet vun esou engem Ausmooss vun Ufank un an engem Projet de loi opgelëscht an esou komplett wéi méiglech ageschat soll, jo, muss ginn. Do dierf et an Zu-kunft keng zwou Meenungen driwwer ginn. Do mussen, wéi mäi Fraktiounskolleeg Gusty Graas et och schonn an engem RTL-Interview ganz kuerz, mee awer treffend sot, all d'Kaarte vu vieren an op den Dësch kommen.

Nieft dem Finanzement huet fir déi dräi Antenne vum Satellitt och nach mussen eng appropriéiert Plaz gesicht ginn, well se net, wéi ufangs geplangt, zu Dikrech um Härebiere konnten opgericht ginn. Och zu Betzder an um Findel wier dëst no den Etüde schlussendlech awer net méiglech gewiescht. D'Rapportrice huet eis dës Tatsaach des Breeden an des Laangen - am gudde Sënn vum Wuert - erkläert. Grad wéi se eis den Hin an Hier an dësem dach komplizéierten an deelweis däregen Dossier detail-léiert resuméiert huet.

An der Comexbu hu mer zesummen eng ganz Rei vu Recommandatiounen ausgeschafft, déi eestëm-meg ugehooll goufen. Ech wëll op dëser Plaz just nach betounen, dass d'Demokratesch Partei an hir Fraktioun hei an der Chamber hannert deene Re-commandatioune stinn.

Fir meng Fraktioun ass net de Projet u sech, also per se, de Problem, mee eng mangelhaft Kommu-nikatioun a Koordinatioun an domat och eng feelend Transparenz. Dat muss an Zukunft verbessert ginn. Et muss deemno méi ënnert den eenzelne Servicer an Acteure geschwat ginn, oder vläicht, esou wéi et ausgesäit, iwwerhaupt mol geschwat ginn. Hei gouf et tëscht der Arméi an dem Ministère, wéi et schéngt an no deenen Echangingen, déi mer an der Comexbu haten, keen Austausch, deen awer drén-gend noutwendeg gewiescht wier.

Här ... - ech muss eng kéier hannert mech kucken, ob et eng Presidentin oder e President ass -, jo, Här President, och d'DP stellt ganz eniichter fest, dass esou munchen an deem Dossier hei schifgelaf ass. Och de Kolleeg an Defenseexpert Gusty Graas huet scho virun enger Zäitchen um Radio Kloertext ge-schwat, dass d'Deputéiert hei net alles gesot kritt hunn. An trotzdeem stellt sech d'Fro, ob een net awer elo muss no vir kucken a sech virun allem mat de Konsequenzen auserneesetzen, déi op eis duerkommen, wann dee Projet elo géif ratschdeg ofgebrach ginn.

Da géifen déi Milliounen Euro, déi schonns inves-téiert goufen, komplett an de Sand gesat ginn. Déi wieren also komplett verluer, wann dëse Projet géif gestoppt ginn. Dat ka jo a kengem sengem Interessi sinn. Ech kann do nëmmen dem Minister Bausch zoustëmmen, deen dat och viru Wochen esou änlech an engem „Wort“-Interview erkläert huet.

An der leschter Kommissiounssitzung huet de Mi-nister selwer gemengt, et géif Sënn maachen - och wann hien der Chamber an näischt wëilt dra-schwätzen -, wann d'Chamber d'Cour des comptes géif beoprtragen, fir hei dach emol iwwerhaupt e Rapport spécial ze maachen. Am Numm vu menger Fraktioun plädéieren ech och fir dës Option a mir ënnerstëtzen natierlech d'Resolutioun, déi vun der Presidentin vun der Verdeedegungskommissioun hei deposéiert ginn ass.

Aus de virdu genannten Ursaache steet d'Demo-kratesch Partei hannert dësem Projet, mee net hannert der Manéier, wéi de Projet organisatoresch a konzeptuell ugepaakt gouf. E Rapport spécial vun eise Rechnungshaff kann an eisen Ae fir méi Kloerheet suergen an offeleeën, wat wou a weini konkret schifgelaf ass, wou also deen een oder anere Mëssel entstanen ass.

Wéi och ëmmer, den diskutéierten Observatiouns-satellitt ass eise Bäitrag zu den Ustengungen, déi och mir an der NATO leeschte mussen, enger NATO, op där hire Schutz mir als klengt Land besonnesch ugewise sinn.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soe Merci fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** - Merci och dem Här Bauler. An nächsten ageschri-wene Riedner ass den Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana (*LSAP*).** - Merci, Här Pre-sident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, d'Cham-ber huet haut iwwer e Projet ze bestëmmen, deen an deene leschte Méint, Wochen an Deeg vill iwwer sech schwätze gedoen huet. An ech wëll och hei schonn direkt uganks vu menger Ried kloer ervir-sträichen: An den Ae vun der LSAP ass de LUXEO-Sys e wichtige Projet. Där Meenung war den ehe-molege Verdeedegungsminister an där Meenung ass och de jëtzege Minister.

Kloer ass fir eis natierlech, dass d'Konzeptioun an d'Budgetisatioun vum Projet suboptimal gelaf sinn. An doraus muss mer déi richtig Léiere fir d'Zu-kunft zéien. An ech kommen zum Schluss vu menger Ried nach eng kéier drop zrëck.

Firwat ass et e gudden a wichtige Projet? Lëtze-buerg huet sech 2014 zu Wales dozou engagéiert, seng Defenseefforte vun 0,4 % op 0,6 % vum PIB eropzesetzen a sech mëttelfristeg den 2 % unzenäheren. Och hu mer eis dozou engagéiert, 20 % vun den Defenseefforte fir Investissementer ze reservéieren.

Mir huelen also hei eis Verantwortung wouer a wei-sen international Solidaritéit, andeems mer d'Ef-forte vun der NATO, mee och vun der Europäescher Unioun duersch dës nei Capacitéiten ënnerstëtzen. Als klengt Land mat bescheidene Mëttel ass eis national Sécherheet enk mat der NATO verbonnen. An duersch dëse Projet droe mir e klengen, awer wichtigen, also net onweesentlechen Deel zum Bündnis bäi.

D'Haaptaufgabegebit vum eiser Arméi vis-à-vis vun der NATO ass dat vun der Reconnaissance. A mir sinn an der Reconnaissance terrestre spezia-liséiert, en Deel vum Gebitt vun der Intelligence, Surveillance a Reconnaissance, kuerz ISR.

Lëtzebuerg huet och eng ganz Rëtsch Kompe-tenzen a Capacitéiten am Space an a Saache Satel-litten entwéckelt, sou virun allem och an der Satel-littekommunikatioun, zum Beispill duersch d'SES, fir och déi hei ervirzesträichen. Dësen Knowhow kënnt och elo schonn a Krisesituatiounen duersch eis Arméi an den Asaz, zum Beispill am Mali, fir dëst Land net ze nennen.

Mat LUXEOSys moderniséiere mer eis also um Ge-bitt vum ISR a verréngere gläichzäitig de Risiko fir déi implizéiert Leit aus der Arméi. D'Moderniséie-rung vun eisen ISR-Capacitéiten, wou mer jo op besteeënd Capacitéiten opbaue kënnen, ass d'ail-leurs och en Haaptzil vun de Ligne-directricë vun der Defense, déi 2017 adoptéiert goufen. Mat dësem Projet komme mer also engem reelle Besoin vun der Europäescher Unioun an och der NATO a Saachen ISR no, dat well et och an haite-gen Zäiten ëmmer méi gefrot gëtt.

De LUXEOSys ass e ganz attraktive System, dee verschidde Besoinen, souwuel a militäresche wéi och an zivilen Domänen, couvriert. De Projet kann och eis Arméi duersch nei Beruffer a Perspektive méi attraktiv maachen. Och wann d'Arméi jo net méi, wéi uganks geplangt, direkt mat der Exploita-tioun implizéiert wäert sinn, huet de Verdeede-gungsminister awer ënnerstrach, dass d'Arméi mëttelfristeg an de Projet matabezu wäert ginn, an dat ass och nëmmen ze begrëssen.

Finalement huet de Projet LUXEOSys awer och e Retour économique fir Lëtzebuerg, duersch d'Firma OHB-I. Sou schafft dës Firma och mat lëtzebuer-gesche Sous-traitanten zesummen, déi effektiv dann och de Spacesecteur weiderdreien.

Niewebäi, an och dat Resultat ass e Fait, schaffe mer verstärkt a verdéieren och d'Lienen a Sa-achen Defense mat der belscher Arméi. Och déi Kooperatioun steet hei am Vierdergrond.

Dat sinn an eisen Aen eng ganz Rei positiv Punk-ten, dat sinn eng Rei Plus-valuen.

Här President, trotzdeem wëlle mer net verstoppen, dass d'Konzeptioun vum Projet hätt kënnen besser sinn, wouduerch eng Rei Nobesserungen net néi-deg gewiescht wäeren, déi natierlech och en Impakt op de Budget haten.

Do ass et wichtig, fir an Zukunft Verbesserung-e virzehuelen, an ech mengen, et ass och fir eis wich-tig als Deputéiert, eng komplett Vue op esou grouss Projeten ze hunn, éier mer se stëmmen. An ech mengen, dat hu mer alleguerten heibannen er-kannt.

Den initiale Projet vun 2018 huet op eng Rëtsch vun Hypothese gefoussst, déi hirersäits op den Donnéeë vun der Defense a vun der Arméi ge-maach goufen an op déi sech den deemolege Mi-nister beruff huet, wann et zum Beispill ëm d'Im-plantatioun vun den Antennen, d'Operatioun vum Centre de traitement vun de Biller duersch d'Arméi oder de Contrôle an d'Steuerung duersch LuxGovSat gaangen ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Dan Biancalana (*LSAP*).** - Dat war zu deem Zäitpunkt déi beschten Option an den Ae vum Mi-nister, eng Decisioun, déi vun Informatiounen, déi em zougedroe goufen, gestëtzt war. Et leien haut aner Donnéeën um Dësch, wouduerch verschidden Hypothesen net méi machbar sinn an de Projet ëmgännert huet misse ginn.

De Fait, dass en cours de route Ännerungen hu misse virgeholl ginn, ass vläicht net ëmmer Usus. Et goufen eng Rei nei Elementer, déi zur Verfügung stounge par rapport zum éischte Projet. Deemools wéi och haut hu béid Ministeren, par analogie, op Donnéeën zrëckgegraff, déi hinnen zur Verfügung

stounge respektiv stinn. A béid Demarchë si kom-plett nozevollzéien.

Här President, d'Fakte leien um Dësch. All déi wichteg Acteure goufe gehéiert. Et ass elo an der Verantwortung vun der Chamber fir sécherzestel-len, dass an Zukunft dës Prozeduren an och dës Planungsprozesser méi transparent a previsibel oflafen, fir dass mir och als Chamber e Maximum u Kloerheet hunn, wa mer gréisser Projete stëmmen.

Dofir droe mer och ganz kloer als LSAP déi Rëtsch Recommandatioune mat, déi d'Comexbu ausge-schafft huet an déi och hei an de Rapport agefloss sinn an déi och un d'Regierung adresséiert goufen. An ech wëll hei kuerz op déi eng an op déi aner agoen:

Mir sollte sécherstellen, dass d'Etüden, déi grond-leeënd Hypothesen an déi initial Käschte vun engem Projet confirméiere sollen, an Zukunft esou wäit wéi méiglech ofgeschloss sinn, éier d'Projeten hei an der Chamber op den Dësch geluecht ginn an och gestëmmt ginn. Sou kënnen mer Konstellatiou-nen, dass nom Vott vum Projet Ännerungen néideg sinn, well grondleeënd Hypothese geännert hunn, an Zukunft vermeide respektiv zumindest mini-méiere respektiv reduzéieren.

Et ass kloer, dass ee konnex Käschte vun engem Projet net ëmmer am Viraus kennt. Et kënnen nei Situatiounen oprieden. Et kann een dat net ëmmer virausgesinn, notamment wann et ëm d'Acqui-sitioun an och ëm d'Realisatioun geet.

Mir sinn och d'accord, dass d'Chamber méi gene-rell de finanzielle Volet vu grouse Projete méi in-tensiv suivéiere soll a virun allem och - dat hu mer duersch déi verschidden Aussoe vun deene verschiddenen Acteuren, déi net ëmmer deckungs-gläich waren, héieren -, dass mer eng besser Kom-munikatioun a Koordinatioun tëschent deene ver-schiddenen Entitéite brauchen an dass dofir och, mengen ech, eng Plattform, en institutionelle Kader soll geschaf ginn, wou dës Acteuren nieft der ge-meinsamer Ausaarbechtung och de Suivi vum Pro-jet maache kënnen.

Ech ginn also heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun, dass mer och déi Rallonge budgétaire hei vun 139 Milliounen stëmmen, fir dass dëse Pro-jet ganz kloer eng Realitéit gëtt an dass mer och weiderhin international Solidaritéit weisen. A merci awer och der Rapportrice fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** - Merci och dem Här Biancalana. An nächsten age-schriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Villmools merci, Här President. Ech hu leider nëmmen e puer Mi-nutte fir dëse ganz wichtige Sujet. Mee ech fänken un, fir der Madamm Empain Merci ze soe fir hire Rapport an der Madamm Adehm ze felicitéiere fir hire Virtrag, deen, géif ech soen, och vun eis bal ganz ka matgedroe ginn an dee mat ganz vill Expertis, Kompetenz hei virgedroe gouf.

D'ADR war deemools fir de Projet vum Satellitt aus änleche Grënn wéi d'CSV: well mir eis zu der kol-lektiver Verdeedegung bekennen, well mer och mengen, datt Lëtzebuerg sollt e verlässlechen Al-liéierten an der NATO sinn, an och well d'Argumen-ter, déi virgedroe goufen, deemools schonn iwwer-zeegend waren.

D'Lignes directrices vun der Defense waren zwar net mat der Oppositioun ofgeschwat deemools, mee et ass awer geschwat ginn, fir deen Technolo-gieréckstand vun der Lëtzebuerger Arméi ausze-gläichen, wat och an eisen Aen eng richtig Ap-proche war, fir d'Zukunft virzubereeden. Et ass ge-sot ginn, datt d'ISR-Capacitéiten - also Intelligence, Surveillance a Reconnaissance - vun der Arméi sollte besser opgebaut ginn. Och dat ass an eisen Aen eng richtig Approche gewiescht, well d'Arméi do eebe schonn eng gewëssen Expertis hat.

An et ass eis vu Retombée économique geschwat ginn deemools duersch de Verkaf vu Biller. Dat konnte mer net kontrolléieren deen Abléck, mee dat ass jo an der Tëschenzäit eigentlech esou net méi ze halen. A mir haten eng Fro, déi och dee-mools am Raum stoung, dat ass d'Kontinuitéit vum Projet: Wat geschitt, wann de Satellitt no zéng Joer dann net méi op Orbit ka bliewen? Gëtt en dann er-sat? Hu mer Kompetenzen opgebaut, déi mer dann an d'Zukunft projézéieren? Mee grosso modo ware mir d'accord mat deenen Argumenter, déi virgedroe goufen.

Haut ass et anescht. Mir wësse méi! A mir wësse méi an e puer Aspekter. Dat Éischt ass de Konzept en tant que tel. Här Bausch, ech mengen, d'Ma-damm Adehm hat dat och scho gesot, Dir hutt selwer op Zweifelen an der NATO opmierksam ge-maach, ob dat elo dee Genre Kontributioun ass, dee vun eis wierklech erwaart gëtt. Gëtt et e Mank-tum an der NATO un deem Typ Satellitt? Dat musse mer och emol méi genau ofklären. Ass et dee





Manktum och deemools ginn, wéi déi hei Decisioun geholl ginn ass, 2018? Oder hätte mer kënnen op aner Weeër goen? D'Madamm Adehm hat d'Dronen ernimmt. Dat ass richtig. Mee et gëtt och aner Weeër wéi elo deen heiten Typ Satellitt.

An ech mengen, Här Bausch, Dir hat selwer viru Kuerzem e Message op der Websäit vun enger Lëtzebuerger Firma hannerlooss, dat ass Kleos. Kleos, déi hunn eng aner Approche, vill méi bëleg. Déi hunn en aneren Typ Satellitt, déi hunn aner Satellitten. Déi maachen am net optesche Beräich eng ganz effizient Opklärungsarbecht. Déi hunn der elo véier eropgeschoss mat engem indesche Lanceur, dänesch Satellitten. Ech mengen, déi goufen an Dänemark gebaut. Déi si mat engem indesche Lanceur eropgeschoss ginn. A si plangen elo schonn un enger zweeter Well vun Nanosatellitten, Käschtapunkt ronn 12 Milliounen Euro.

An d'Fro stellt sech, wann een dat da vergläicht, och wa mer op de Wee vu Satellitte ginn, fir Äerd-observatioun ze maachen, wann dat dann den Usaz soll sinn, ob deen, dee mir deemools gewielt haten, deen eis vun der Regierung recommandéiert gouf, deemools schonn dee richteg war oder ob net aner Optiounen mat Acteuren zum Deel hei am Land oder Acteuren, déi sech an der Tëschenzäit hei am Land niddergelooss hunn, och gangbar gewiescht wären.

Drëtt Element: OHB-I, och dat huet d'Madamm Adehm schonn ernimmt. Mee normalerweis hätte mer jo och iwwer Arianespace oder aneren kënnen esou Operatiounen maachen. An d'Fro stellt sech eeben, an och dat muss mer elo am Nachhinein kucken: Firwat OHB-I a firwat net bei der Konkurrenz? Oder firwat net deelweis aner Optiounen och studéieren?

War de Konzept realistesch? Sou wéi en eis presentéiert gouf, war en et sécher net! Déi Iddi vum Verkaf vun de Biller huet sech och am Nachhinein als net realistesch erausgestallt. Well engersäits gëtt gesot, datt déi Biller héichopléisend sinn, also och héichsensibel vum Militäreschen hier, an dann hu se awer keng Klassifikatioun! Well et ass esou: Well se keng Klassifikatioun hunn, hätte se nämlech déi Nisch an der kommerzieller Welt kënnen ausfüllen, fir datt och anerer op esou Biller kéinten zréckgräfen.

Mee dee Modell geet net! A mir hunn et och gesinn an dat hu mer och entdeckt bei den Diskussiounen a leschter Zäit, dat geet net, well och bei LuxGovSat hu mer Problemer vu Vertrauen. Et ass nun eemol esou, datt an deem do Beräich eigentlech d'Vertraue vu Militär zu Militär existéiert. An et ass ganz schwéier fir militäreschen Clienten oder staatlech Clienten, fir genuch Vertrauensbasis zu engem net militäreschen Partner opzebauen. Dat ass net einfach. Et ass mat LuxGovSat net einfach an et ass hei am Beräich vun der Auswärtung vu militäreschen Opklärungssatellitten och net einfach.

D'Fro ass: Wéi wäit ass et dann iwwerhaupt realistesch? A bleift d'Regierung bei deem Konzept, fir déi Biller net ze klassifizéieren, déi sou bei deem LUXEOSys da sollte geholl ginn.

Et ass e bëssen eng falsch Alternativlosegkeet, déi hei opgebaut gëtt. Et gëtt eng ganz Rei Aspekter, wou ee sech kéint soen: „Dee Satellitt do, dee kënnen mer vläicht bei anere Partner viruverwäerten.“

**(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)**

A mir, och wa mer am Satellitteberäich wëllte bleiwen, kéinten op de Wee vun Nanosatellitten oder vun anere Satellitte goen, soudatt déi finanziell Perten, wann iwwerhaupt, kéinte limitéiert ginn. Also brauche mer eng nei Iwwerzeegungsarbecht um Fong vum Dossier, wann d'Regierung eis wëll kredibel duerstellen, datt mer op deem do Wee sollte virgoen.

Mir hunn, wat elo den Oflaf vun der Saach ugeet, einfach mat engem schrecklechen Amateurismus hei ze di gehat. Et kann ee sech legitimmerweis froen, ob d'Regierung net hätt missen direkt och op de Wee goen an deem ganze Verlaf vum Projet, fir mat engem anere Staat zesummenzeschaffen, deen eng grouss Experienz an deem do Beräich huet. D'Amerikaner, d'Fransousen, wien och ëmmer, mee een, dee vun A bis Z weess, wéi d'Gestioun vun esou Satellitte gemaach gëtt, dat wär och e Wee gewiescht, dee kredibel gewiescht wär, amplaz datt e Ministère wéi eisen, dee ganz kleng ass a kloer net outilléiert ass, fir e Projet vun esou enger Envergure ze geréieren, datt dee sech dorunner gëtt.

Mir hu jo elo gesinn, wou do d'Problemer opdauchen a mir mussen entweder op de Wee goe vun enger vill méi intensiver Zesummenaarbecht mat eisen Alliiéierten, wa mer esou Projeten hunn, oder de Ministère esou ausbauen, datt e kapabel ass, mat esou Projekte besser ëmzegoe wéi an der Vergaangenheet. Op jidde Fall, dat wat do geschitt ass, ass einfach net kredibel, et ass net ze vertrieben. An d'Responsabilitéit vun deene Saache siche mir net bei de Beamten, mee beim Minister, bei deem Minister, deen Äre Virgänger war, Här

Bausch, awer och bei lech. Well et ass nun eemol esou, datt ee sech net kann aus där Verantwortung eraushuelen, wann ee Chef vun engem Ministère ass oder eeben de politesch Verantwortleche vun engem Ministère.

Gëschter an der Pressekonferenz vun der Opposition sinn ech méi laang op d'Problemer vun dem Personal agaangen. Ech wëll just hei kuerz widderhuelen, datt et nach ëmmer kee Personalopbau gëtt, kee Personalkonzept, déi kredibel sinn, fir datt d'Arméi eng Kéier kann d'Auswärtung vun deene Biller iwwerhuelen. Et ass just nach eng Kéier viru Kuerzem vum Generol Thull confirméiert ginn, datt dat d'Absicht ass. Mee nach ëmmer si mer wäit dovun ewech, fir e konkreete Projet an deem Beräich ze hunn.

D'Antennen. Ech wëll hei och kuerz op déi Diskussioun agoen. Et ass eis erkläert ginn, d'Antenne kéinten net op den Härebiere kommen. Mir haten och do virun zwou Wochen e puer Erklärungen héieren. Ech kennen den Härebiere warscheinlech relativ gutt, och am Vergläich zu allen anere Kollegen heibannen, well ech nun emol eelef Joer Offiziéier vun der Arméi war.

**(Interruption)**

Ech kennen den Härebiere an ech kann lech soen: Et ass kee Problem. Mir hunn do dräi Erklärungen héieren, déi eng manner glafwierdeg wéi déi aner. Déi eng ass, et bräicht ee Plaz, fir eng Wäschanlag dohinner ze setzen. Déi aner ass d'Landplatz fir d'Dronen; ech ginn net op d'technesch Detailler an, ech erspueren lech dat. An dat Drëtt ass, et wär déi eenzeg Plaz um Härebiere, fir Taktik ze maachen. Déi dräi Erklärungen halen d'Strooss net! Et ass einfach net kredibel.

Et ass eis och gesot ginn, datt wann déi Missioun dohinner komm wär, do e puer Beem hätte missen ëmgehae ginn. Dat deet mir och leed, mee et kann ee se dann op enger anerer Plaz erëm planzen. An et hätte misse Sockele vun zwielef Meter dohigez ginn. An dat sinn Objektionen, déi aus engem Ministère kommen. Mat allem Respekt, Här Minister, Är Partei baut industriell Wandanlage vun 200 Meter a méi Héicht an dann ass e Sockel vun zwielef Meter fir eng Antenn fir lech op eemol e Problem! Wësst Der, näischt vun deenen do Saache kann eis iergendwéi iwwerzeegen.

D'Antenne kënnen elo op Redu kommen. Da sot Der eis, an dat ass vläicht an absolutten Zuelen oder aus der Vue vum gesamte Staatsbudget richtig, dat wär net vill. Dat sinn dann 2,5 oder 2,9 Milliounen Euro oder esou, déi dat kascht. Ech hunn trotzdem e schlecht Gefill, wësst Der. Och 2,9 Milliounen sinn e Käschtapunkt.

An ouni wëllen ze polemiséieren, ech erënnere mech hei un déi Diskussiounen, déi mer beim Adapto haten, ëm Milliounebetrag an där dote Gréisstenuerdnung, fir den Adapto ze reforméieren. A fir mech sinn déi 2,9 Milliounen, déi mer fir näischt ausginn, fir d'Antennen op Redu ze setzen, wou mer se hätte kënnen op den Härebiere setzen, net akzeptabel! An Äert Argument vun deenen zwou Milliounen, datt dat net géif an d'Gewicht falen, dat akzeptéieren ech net. Mir hunn aner Projekte gehat, wou déi Sue méi wéi wëllkomm gewiescht wären.

Mir hunn elo mat der Belsch eng Zesummenaarbecht fonnt, fir déi Biller auszewäerten. Dat ass ganz gutt. Eis belsch Frënn, déi hëllefen eis bei ganz villen. Dat ass eng exzellent Zesummenaarbecht. Trotzdem wier et gutt, wa mir déi eege Kapazitéite géifen opbauen, fir dat ze maachen, fir och déi Karriäre méi interessant ze maachen, fir d'Arméi méi interessant ze maachen.

Mee mir hunn en Accord belgo-luxembourgeois ofgeschloss am Oktober 2017, dat steet och an den Dokumenter. Dat ass en internationalen Accord, Här Minister, a wéi ëmmer froe mer lech: Wéini kréie mer dee virgeluecht, fir en ze ratifizéieren? Dir wësst, et gëtt en Avis juridique, et gëtt ganz weínege Saachen, déi mer net kënnen hei ratifizéieren, déi musse geheim gehale ginn, Dir kennt dat. Dat heescht, deen Accord bilatéral, deen hätte mer gär hei, fir en ze ratifizéieren. A mir géife gär wëssen: Wat kascht dat, datt elo déi belsch Arméi dat mécht? Wien decidéiert, wéi eng Biller an Opdrag gi ginn?

Ech mengen, dat hänkt jo och domat zesummen. Well mir, d'Lëtzebuerger Arméi, hu jo elo nach net déi Kompetenzen, fir dat ze maachen. Dat heescht: Wien decidéiert, wéi eng Biller gemaach ginn, wéi se ausgebuert ginn, wéi se verwäert ginn, u wie se virugi ginn? Dat alles wäert jo wuel an deem Accord stoen. Dofir hätte mer e gär hei an der Chamber, well dat ass e wichtige Deelaspekt vun deem ganze Projet iwwert déi Joren, bis da schlussendlech Lëtzebuerg déi Kompetenzen huet, fir dat selwer ze maachen.

Dann de „pôle gouvernemental aérien au Findel“. Dat ass eng Saach, wësst Der, wou éischters d'Lignes directrices sech dorop bezunn hunn - an och dat huet d'Madamm Adehm ernimmt gehat -, dat war eng Saach, déi bannent der Koalitioun an

där viregter Regierung ofgekläert ginn ass. Dat war an der Koalitioun esou ofgemaach, an da stoung et och am Koalitiounsaccord vun 2018, datt dee Pôle gouvernemental aérien soll op de Findel kommen. An da kënnt et elo net! An do froe mir eis: Wou ass dann do de Problem? Ech mengen, wann ech elo bei der LSAP wär, da géif ech awer déi gréng froen: „Wéi trei sidd Dir zum Koalitiounsaccord?“, well dat stoung jo awer do dran.

An elo hu mer hei erheeblich Méikäschten, zum Deel, well de Pôle gouvernemental aérien op eemol net méi geet, obschonn en am Koalitiounsaccord war. Fir eis ass dat och net kredibel. Mee dat ass éischter e koalitiounsinterne Problem.

Mir wëllen als ADR, datt mir eng kredibel Defense hunn, déi vun den Alliiéierten unerkannt gëtt. Mir stinn därmoossen ënner Drock, well mer esou eng niddreg Kontributioun leeschten, datt mer prinzipiell mat lech d'accord sinn, datt mer mussen do méi maachen, fir eis Flichten als Alliiéierte kënnen ze erfüllen. Ech mengen, där Saach kënnen mer eis net entzéien a mir wëllen eis och där Saach net entzéien.

Awer wa mer esou vill Suen investéieren, da musse mer dat op eng seriö Manéier maachen. Mir mussen eng reell Plus-value hunn. Et muss eng Saach sinn, déi eise Land notzt. Et muss probéiert ginn, d'Arméi doduerch ze revaloriséieren. Et muss probéiert ginn, och ekonomesch, datt et am Virdeel vum Land ass. Et muss een, kuerz gesot, eng responsabel Gestioun maache vun deem Dossier. Et dierf een net amateuristesches virgoen. Et muss ee kucken, datt de Ministère esou opgebaut ass, datt e seng Aarbecht kann erfüllen. Dat schëllege mer all deene Leit, déi Steiere bezuelen, fir esou een Dossier ze maachen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Marc Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Wat alles bei deem Projet Militärsatellitt schifgelaaf ass, dat ass virdu vu verschidene Virriedner schonn ausféierlech an och ganz gutt debattéiert ginn. Duerfir wëll ech och elo hei op där Plaz net méi laang dorobber agoen. Mir menge souwisou, datt mer nach keng Konklusiounen zéie kënnen, well mer nach net genuch Elementer hunn. A genau dowéinst brauche mer och eng Enquêtekommissioun, déi déi Kontradiktiounen, déi an deem Dossier bestinn, wierklech opkläre kann an och ka Konklusiounen zéien, politesch Konklusiounen. An dat kann e Rapport vun der Cour des comptes mat Sécherheet net!

Här President, fir eis war am Summer 2018 de Kaf vun engem Spionagesatellitt fir 170 Milliounen komplett absurd an onnëtz. Duerfir hu mer och deemools als eenzeg am Parlament vertruede Partei dergéint gestëmmt. Ëmsou méi absurd an onnëtz ass et fir eis, elo nach eng Kéier 140 Milliounen dropzeleeën. An ech mengen, do muss een awer soen, datt ee vläicht Gréisstenuerdnungen hierstellt.

An der Wunnengskris, an där mer am Moment sinn, huet de Fonds du logement e Joresbudget vun 170 Milliounen. Hei verpolfere mer 309 Milliounen fir eppes, wat an eisen Aen onnëtz an absurd ass, an dat ass den eigentleche Skandal, onofhängeg dovunner, datt dee Projet katastrophen geréiert gouf.

Wat eis bei där ganzer Saach awer am meeschte wonnert, ass, datt sech esou vill gewonnen gëtt. Well dese Projet spillt sech, wéi och all anere Militärprojet, an engem ganz ongesonden Ëmfeld of, dat carrement predestinéiert ass, fir Steiergelder ze verbëtzen.

Well bei all aner Investitioun vum Staat gëtt fir d'éischt e konkreete Besoin festgestallt, zum Beispill: Mir brauchen an enger bestëmmter Region e Lycée oder en neit Spidol oder mir brauchen nei Zuchinfrastrukturen et cetera. Fir d'éischt gëtt e Besoin festgestallt, da gëtt e Projet geplangt, da gëtt e chiffriert, et ginn Etüde gemaach an da gëtt gekuckt, wou een an der Staatskeess de Budget zesummekritt, fir kënnen dee Projet ze realiséieren.

Bei der Defense ass et ëmgekiert. Do gëtt et fir d'éischt de Budget an duerno gëtt gekuckt, wat een da mat deene Sue maache soll. An dat féiert dann dozou, datt net op genee artikuliert Besoinen higeschafft gëtt, well et jo kee wierkleche Besoin gëtt, mee datt et méi oder manner der Kreativitéit vum jeeweilege Minister iwwerlooss ass, wéi een déi 400 Milliounen Euro pro Joer iwwerhaupt lassgëtt. An dat wëssen d'Entreprise och!

Déi privat Acteure wëssen natierlech, datt d'Regierung sech muss riseg Ausgaben aus de Fangere suckelen. An am Land vun de kuerze Weeër hunn déi natierlech Interessi dorunner, der Kreativitéit vum jeeweilege Minister op d'Spréng ze hëllefen. An ech zitéieren hei den ehemolege Verteidigungsminister Étienne Schneider am Projet vum

Rapport vun der Comexbu, wou e gesot huet: „Ma déi“, also déi privat Acteuren, „déi liese jo och d'Zeitung. Déi hu jo och matkritt, datt mer zu Wales eis engagéiert hunn, anstatt 80, 90 Milliounen an Zukunft 400 Milliounen d'Joer auszeginn. An da wären et schlecht Geschäftsleit, wa se net op d'Iddi kéimen ze soen: „Elo hëllefe mer deem awer emol, déi Suen auszeginn.“ Voilà!“ Zit at um Enn.

Voilà, da kommen esou halléfgar Projeten dobäi eraus, déi kee Mënsch brauch a fir déi d'Autoritéite manifestement net déi néideg Expertis an och net déi néideg Kompetenz hunn.

Här President, déi Affär hei ronderëm de Spionagesatellitt ass just e Symptom vun engem Problem, dee säin Ursprung op deem onsäglechen NATO-Sommet 2014 zu Wales huet, wou deemools eng nei Opklärungsspiral decidéiert gouf. Datt mir als Lénk der NATO hir Existenzberechtigung ofschwätzen, dorobber brauch ech net méi ze insistéieren, mee d'Absurditéit vun deem Club gëtt mat senger reng quantitativer Approche nach eng Kéier zousätzlech op d'Spëtzt gedriwwen. Och wann et deelweis Planungsprozesser ginn, heescht et grosso modo einfach: „Léif Staatscheffen, Dir musst méi Suen ausginn an alles gëtt gutt.“ Ma d'Resultat ass dann dat doten, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee e bëssen iwwerall.

An och do nach eng Kéier, den Étienne Schneider huet et selwer gesot an der Kommissioun, och erëm en Zitat: „Et ass keen, deen iergendee Waffesystem sech liwwere gelooss huet, deen am Präis war.“ Dat ass Politik, dat ass d'Realitéit an deem dote Beräich! A wie profitéiert dann dovunner? Ma et ass kee Geheimnis, datt d'USA an déi grouss EU-Länner déi aner NATO-Membere virun allem dowéinst zu méi héije Militärausgaben drängen, well se sech massiv Opdrag fir hir Rüstungsindustrie erhoffen.

Wéi d'Geschicht jo och androcksvoll bewisen huet, spillen an deem Beräich d'Interessie vum Kapital ëmmer eng grouss Roll. A fir dat vis-à-vis vun der Bevëlkerung ze rechtfertegen, erfënnt oder exagériert d'NATO da stänneg nei Bedrohungspotenzialer, fir datt och nëmme keen op d'Iddi kënnt, dat doten a Fro ze stellen. An esou fléissen dann iwwerall nei Milliarden an d'Rüstungsindustrie an an d'Tasche vun hiren Aktionären.

Mee fillt sech duerfir iergendeen an Europa méi sécher? An déi Fro misst ee sech jo awer och am nationalen Kontext stellen. Mécht dese Satellitt eis Land méi sécher? Well dat ass jo awer dat, wat zumindest an der Theorie d'Aufgab vun der Defense misst sinn.

Et ass ëmmer erëm erstaunlech, wéi weínege sech mat der Fro beschäftegt gëtt, wat da schlussendlech mat deem Krichsmaterial gemaach gëtt, dat d'Regierung sech wëll uschaffen. Dat, wat eis jo eigentlech sollt interesséieren, ass d'Exploitatioun, déi schlussendlech mat deem Satellitt gemaach gëtt. Wat ass d'Finalitéit dovunner?

Deen heite Satellitt soll kënnen Biller mat enger ganz héijer Opléisung schéissen, et ass virdu scho gesot ginn: manner wéi 50 Zentimeter, vun egal wéi enger Plaz op der Welt. Mee wéi eng Objete ginn dann do fotograféiert an a wéi engem Kontext? Wie kritt déi Biller a wat maachen déijéineg schlussendlech domat? An do, muss ech soen, sinn d'Informatiounen awer ganz spärlech geséit: Am éischte Projet ass nach gesot ginn, en Deel vun de Biller géif u privat Firms verkaaft ginn. Dovunner schéngt elo mëttlerweil keng Ried méi ze sinn. De Minister Bausch huet eis an der Kommissioun erkläert, datt d'Billen ausschliesslech am Kader vu Kooperatiounsaccorden tëschent Regierungen oder awer mat Institutiounen wéi der NATO oder der UNO géifen ausgetosch ginn.

Ech gi jo net dovunner aus, datt mir als Deputéiert jeemools wäerten esou Kooperatiounsaccorden ze gesi kréien. Mee ech froen awer trotzdem mol den Här Minister: Wat sinn dann dem Staat Lëtzebuerg seng Konditiounen, déi hie stelle wäert, fir datt auslännesch Regierungen oder d'NATO kënnen op Satellittenopname vu LUXEOSys zréckgräifen?

Wann zum Beispill eisen NATO-Partner Tierkei elo eng Ufro mécht, fir Präzisionsopname vun de Kurdegebiddern am Norde vum Irak ze kréien, wat maache mer dann? Schécke mer hinnen déi dann? Wann Israel Biller vun der Gazasträif ufreet oder Italie Biller vun den Uelegfelder a Libyen, schécke mer hinnen déi dann? An opgrond vu wéi enge Prozeduren an Decisiounen?

Iwwerhaupt ass et schwéier virstellbar, wéi dese Satellitt soll fir d'Verdeedegung agesat ginn, zumindest emol fir d'Verdeedegung am strikte Sënn, nämlech d'Verdeedegung vum europäeschen Territoire. Wat ee sech awer ganz gutt virstelle kann, ass, datt de Satellitt fir d'Verdeedegung vun ekonomeschen Interessien an alle méigleche Weltgéigenden agesat gëtt.

Här President, d'Majoritéit vun där Chamber wäert viraussichtlech eng Rallonge fir de Satellitt stëmmen, deen domat am Ganzen 309 Milliounen





kaschte wäert, zumindest Stand haut. Et weess ee jo net, wat nach wäert derbäikommen. Et muss een och soen, déi 309 Milliounen, déi sinn hors TVA. Den Ursprung vun deene Méikäschten ass net opgekläert. D'Plus-value fir eis Arméi ass méi wéi zweifelhaft an d'Finalitéit an d'Utilisatioun vun deem Satellitt sinn total am Onkloren. Derbäi kënnt, datt de Lëtzebuergesche Satellitteprogramm bei der NATO, sou gëtt zumindest de Minister Bausch an engem Artikel vum „Land“ zitëiert - d'Madamm Adehm huet en och schonn ernimmt -, op wéineg Verständnis stéisst.

An do soen ech mer: Do bäisst sech jo dann awer d'Kaz an de Schwanz. Wa mer soen, datt mer mussen eis Ausgaben am Militärberäich an d'Luucht setze wéinst der NATO, an duerfir maache mer dann esou Acquisitiounen wéi déi heiten, an d'NATO seet dann: „Jo, mee dat ass awer net, wat mir eis dorënner virstellen, oder dat, wat mir wënschen“, da muss ee soen, mee dann ass dat awer en Argument, wou ee wierklech d'Finalitéit vun deem Ganzen a Sënn an Zweck dovun kann a Fro stellen.

Här President, Dir eraant et: Mir kënnen wierklech net novollzéien, wéi een dësse Projet gudder Gewëssens matstëmme kann. Mir wäerten et op alle Fall net maachen. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Marc Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu bei dëser Diskussioun ee grousser Virdeel géintiwwer menge Virriedner, vläicht mat der Ausnam vum Här Baum, well d'Piraten, wéi Der wësst, 2018 net mat fir dësse Projet gestëmmt hunn, well mer dee Moment nach net Deel vun dësem héijen Haus waren.

(**Interruption**)

Verschiddener heibanne géife sech warscheinlech haut wënschen, dass se net missten erklären, firwat si fir esou e Projet gestëmmt hunn, obwuel, an dat wëll ech hei ganz kloer soen, d'Chamber net schold drun ass, datt d'Finanzéierung vun dësem Projet esou kolossal aus dem Rudder gelaf ass. D'Verantwortung fir dësse Projet an déi domat a mengen Ae verlueren 309 Milliounen Euro läit ganz kloer bei der Regierung.

Jo, et war dem Här Schneider säi Projet. A jo, den Här Schneider ass haut net méi do. Mee dat spillt keng Roll. Et ass hei ze einfach fir ze soen, datt dëst alles eleng dem Här Schneider seng Responsabilitéit gewiescht wier. Eng Regierung ass eng Ekip, eng Ekip vu Spiller, déi sech all Woch, normalerweis freides, trëfft an dann u sech och misst wëssen, wat déi aner Spiller esou dreiwien. Just well ee Spiller aus dem Veräin austrëtt oder en transfert an d'Privatwirtschaft mécht, heescht dat net, datt déi aner net weiderspillen.

Wéinst „manque de temps et de ressources“, esou steet et am Rapport (veuillez lire: esou steet et am Exposé des motifs), wier et 2018 zu engem Feeler komm, e Feeler, deen de Steierzueler läppesch zousätzlech 139 net Euro, mee Milliounen Euro kascht! 139 Milliounen Euro, datt ass genuch, fir de Mindestloun fir 3.860 Leit während engem Joer mat alle Chargen ze bezuelen. Stellt lech emol vir, wat een domat maache kéint. Dat ass, wéi de Marc Baum et richteg sot, e gudder Batz vum Budget fir soziale Wunnengsbau. Wat kéint een nëmme maachen an Domänen, wou et Krise ginn: Logements-kris, Sozialkris ..., a Klimakris, soyons fous! Et kéint een also wierklech eppes mat deenen 139 Milliounen maachen. A wat maache mir? Ma mir schécke se hannert 170 anere Milliounen an d'Stären!

Verbessert mech, wann ech falsch leien, mee et ass jo awer keen, deen an der Regierung en Zäitplang virgeluecht krut ausser deem, deen d'Regierung sech selwer ginn huet. Also de „manque de temps et de ressources“ ass e selbstverschelte Feeler. Fir bei de Sportsmetapheren ze bleiwen: e Selbstgoal.

All anere Projet de loi, deen an dësem héijen Haus virgeluecht gëtt, soll ausgeschafft, ausgerechent an iwwerpréift sinn. Firwat gouf dat bei dësem Projet verpasst? Aus deem ganz einfache Grond vläicht, well d'Regierung gefaart hat, si hätt keng Zäit méi. Et war vläicht schonn déi 91. Minutt an et hat ee vläicht d'Impressioun, datt ee sech net géif iwwert d'Nospillzäit erausretten an datt déi nächst Legislatioun eng aner Ekip um Terrain géif stoen. Si huet gefaart, datt d'Wielerinnen an d'Wieler hinne keng zweete Kéier hiert Vertrauen aussprieche géifen. Also amplaz ofzewaarden an dësem Projet déi néideg Zäit ze loosse, gouf mat der Briechstaang en Text ofgestëmmt, deen esou net hätt därfer gestëmmt ginn.

Deemools gouf gesot, d'Arméi hätt deen néidegen Knowhow schonn opgebaut. „Ee Projet, dee sech 100%eg areit an d'Kompetenze vun der Lëtzeburger Arméi“, Zitat Étienne Schneider Juli 2018. D'Arméi wier am ISR-Beräich ausgebild an duerfir géif dësse Projet gutt bei si passen.

Haut steet fest, d'Arméi kann och mëttelfristeg net déi Leit ausbilden, fir mat dem Satellitt ëmzegoen. An dat ass nëmme ee Facteur, wou sech verkalkuléiert a verplangt gouf. Net nëmme war an ass d'Arméi net prett, fir mam Satellitt ëmzegoen, d'Antennen hätten och net op den Härebiereg gepasst.

D'Infrastrukture fir d'Biller vum Satellitt ze empfänke mussen op enger gesécherter Plaz ënnerbruecht ginn, duerfir fält och all anere Standuert hei am Land dann an d'Waasser. Duerfir mussen d'Infrastruktur an d'Bedreiwung elo vun de belschen Noperen iwwerholl ginn. Et gouf einfach net mat den Acteuren um Terrain geschwat. Och mat engem virleefegen Rapport vun der Budgetkontrollkommissioun, dee bal 150 Säite laang ass, si mer eis emol nach net sécher, ob net nach méi an dësem Dossier schifgelaf ass.

Et kéint een elo soen, a verschiddener vu menge Virriedner hunn et gemaach, datt et besser ass, fir elo nach eng Kéier 139 Milliounen dranzestiechen, well soss déi 170 Milliounen, déi mer schonn investéiert hunn, herno komplett fir näischt waren. Also leeë mer elo nach eemol méi wéi dräi Véierel vum Kafpräis drop an der Hoffnung, datt elo alles klappt? Well souguer wa mer mat deenen 309 Milliounen averstane wären, wie seet dann, datt et dobäi bleift? Soen eis dat déi nimmleech Consultant, déi mer elo hu misse froen, fir dat Ganzt ze decortiquéieren, wat bei där éischte Kéier schifgaangen ass, wéinst engem „manque de temps et de ressources“.

Ben, eppes kann ee soen: E „manque de temps et de ressources“ kann dës Kéier net d'Excuse sinn, well d'Oppositioun huet drop insistéiert, datt mer hei souguer nach méi laang géifen driwwer diskutéieren. A wann et herno erëm géif dozou kommen, datt et e „manque de temps et de ressources“ wär, da wär dat deen zweete Selbstgoal vun der Regierung. Da géif et 2:0 stoen.

Mir wëssen awer och nach ëmmer net mat Sécherheet, wat wou wéi genau schifgaangen ass. Well et an de Gespréicher mat de Leit um Terrain deels zu ganz widderspréchelechen Aussoe koun, kënnen mer net garantéieren, datt an dësem Projet net nach méi Problemer optauchen.

Duerfir fuerderen d'Piraten mat deenen aneren Oppositiounsparteien, datt d'Chamber eng Enquêtekommissioun zouléisst. Nëmme wa mer verstinn, wat hei alles schifgaangen ass, kënnen mer sécher sinn, dass mer an zwee Joer net nach eemol op där selwechter Plaz stinn an de Staat net nach eemol Sue fir e Satellitt hiergëtt.

D'Regierung huet hei vill Vertraue verspillt. A mir Piraten sinn net dovun iwwerzeegt, datt dat heiten déi lescht Finanzspréitz fir Satellitten ass, well: Dësse Satellitt huet eng Liewensdauer vun zéng Joer. D'Arméi geet dovunner aus, datt se fénnef bis zéng Joer brauch, fir déi néideg Capacitéiten intern opzebauen. Dat heescht, mir hunn elo e Choix. Entweder mir soen der Arméi: „Baut déi Ressourcen op!“ An da soe mer domadder implizitt: „Majo, da baue mer och nach en neie Satellitt duerno, an da kascht dat eeben dat, wat et kascht.“ Mir gesi jo, wat et kascht. Oder mir soen: „Nee, mir hunn elo agesinn, datt eis Arméi wierklech net mat Satellitte kann. An da schéisse mer elo e Satellitt an d'Stären, fir an zéng Joer dee Satellitt net méi ze brauchen, en net méi kënnen ze brauchen, well en dann näischt méi liwwert!“

Den Här Angel sot deemools: „De Satellitteprojet passt gutt bei Lëtzebuerg“, well mer, ech zitieren, „ee grousser Savoir-faire“ hätten a well dësse Projet eis eng - nach eng Kéier Zitat - „grouss Visibilitéit am Ausland“ géif ginn. Also de „Savoir-faire“ hu mer, fir Geld an d'Stären ze schéissen! D'grouss Visibilitéit am Ausland“, bon, ech hat geduecht, de Projet sollt eis eng grouss Visibilitéit „op“ d'Ausland ginn, mee vläicht hunn ech et och falsch verstanen, an de Satellitt soll Fotoe vu sech selwer maachen.

Ganz éierlech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et war e schéinen Dram: den Dram vun engem Militärprojet, mat deem mer eise Verpflichtungen als Member vun der NATO nokomm wieren a mat deem mer nach e groussen - ech zitieren erëm - „retour économique“ gehat hätten. Den Dram, datt mer d'Biller vum Satellitt hätte kënnen verkafen an esou en Deel vun de Käschten zrëckkrieten. D'Realitéit, dat musse mer all agesinn, elo wou mer mat engem décke Kapp moies erwächen, war an ass eng ganz aner.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dësse Projet, deen hätt sollen e vun dëser Regierung hire grousser Prestigeprojet ginn, wäert an d'Geschicht agoen als ee vun hire gréissten Echecken. „Wie mengt, domat géif et duergoen, deen iert“, sot den Här Baum viru méi wéi zwee Joer. A wéi Recht e sollt hunn! Ech mengen, dat war em deemools selwer emol nach net esou ganz bewusst.

Mir mussen agesinn, datt de Projet vun engem Satellitt net méi drobar ass, an ophalen, de Steierzueler hiert Geld mutwëlleg weider zur Fënster erauszepuchen. A wat déi schonn engagéiert Käschte sinn: Jo, mir hunn e Slot, fir e Satellitt an

de Weltall ze schéissen. Wann et stëmmt, wat d'Regierung eis erzielt huet, datt et do esou eng grouss Demande no deene Slotte gëtt, fanne mer sécher een, deen dee keeft.

Mir hunn en Engagement fir zwou Antennen. Wann et stëmmt, wat d'Regierung eis erzielt huet, an et géif e Mangel un esou Antennecapacitéite ginn, well mer déi och net um fräie Marché kéinte kafen, ma da kënnen mer sécher een um fräie Marché fannen, fir deem déi Antennen zu engem vläicht méi bëllege Präis weiderzeverkafen.

A mir hu Sue fir e Satellitt ausginn. Ma wann et esou eng grouss Demande dobausse gëtt, fir esou e Satellitt ze bedreiwien, da fënnt sech sécher och een, deen eis dee Satellitt géif ofkafen.

Dat heescht, amplaz hei ze behaupten, mir géifen 170 Milliounen zur Fënster erauspuchen, wa mer dee Projet hei net géife verlängeren, sollte mer eis vläicht d'Fro stellen, wéi mer 170 Milliounen erëm kënnen erakrieten, andeem mer de Krëppeng verschierbelen an domadder den Defizit esou kleng wéi méiglech halen. Well mir sinn hei net an enger Kris, mir sinn an enger Sammlung vu Krisen, an do kënnt et op all Euro un! An éier mer hei dovun schwätzen, 139 Milliounen nozeschéissen an domadder 309 Milliounen an de Sand, pardon, an d'Stären ze setzen, sollte mer vläicht kucken, wéi mer de Leit um Terrain hëllef, an dat direkt, an net als Éischt an d'Stäre kucken.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Verdeedegungsminister François Bausch.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och allen Deputéierte fir hir Beiträg, och wann et bei Verschiddenen, haaptsächlech zum Schluss, e bësselchen ... Effektiv, ech hu bal d'Stäre gesi bei där Interventioen, mee et hat eigentlech a groussen Dealer net méi esou schrecklech vill mam Projet ze dinn. Ech kommen nach dorobber ze schwätzen.

Ech muss lech soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn eigentlech e bësse perplex. Ech si perplex iwwer ...

■ **Une voix.** - Ma mir och!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - ... virun allem déi Interventioenen, déi hei gemaach gi vun der Oppositioun. Net, well d'Oppositioun natierlech gär Transparenz a Kloerheet hätt an deem Dossier. Déi wëll jiddwereen an dat fannen ech och absolutt berechtigt, zemools fir d'Oppositioun, mee d'Parlament am Generellen, datt se déi verlaangt.

Mee ech si perplex iwwert den Toun, ech si perplex iwwert d'Aggressivitéit, déi hei un den Dag geluecht ginn ass, ech si perplex, verwonnert, well dat an deene leschte Méint eigentlech net de Fall war, zënter datt mer an der Kommissioun - ob et an der Comexbu war oder och an der Defensekommissioun - Stonnen a Stonnen iwwert de Projet diskutéiert hunn, Tonnen Dokumenter hannerluecht hunn.

Ech sinn eigentlech e Fervent vun der Direktiwwerdroung vun de Kommissiounssätzungen an de Public.

(**Interruptions**)

Jo, et kënnt heiansdo vir, datt een an der Oppositioun där nimmlecher Meenung ass wéi e Member vun der Regierung. Dat kann duerchaus virkommen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Awer net all Kéier!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Mee ech war nach ëmmer der Meenung, datt dat wichteg wär. An hei hunn ech am Fong e gutt Beispiel geliwwert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass der Chamber hir Fro, net der Regierung hir!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.** - Här President, ech hunn den Deputéierte ganz attentif nogelauschtert während bal zwou Stonnen. Ech wär frou, wa se sech elo géifen esou wäit beméien, mir och nozelauschteren! An duerno kënnen se sech selbstverständlech d'Wuert froen - Parole après ministre -, an ech hunn Zäit, da kënnen mer nach bis zwielef Auer hei weiderdiskutéieren. Dir hutt zwar nëmme Modell 1 gewielt als Chamber, mee ech hu kee Problem domadder. Ech wär elo frou, wann ech meng Ausféierungen normal, disziplinéiert kéint weiderféieren an net dauernd géif ënnerbrach ginn. Well ech hunn d'Deputéiert och net ënnerbrach!

Wéi gesot: Ech sinn e Fervent vun der Iwwerdroung an dat heiten huet mer e gutt Beispill ginn. Well ech kann lech soen: Deen Toun an dat, wat hei elo gesot ginn ass, dat war guer net de Fall an der Kommissioun! An der Kommissioun si vill Froe gestallt ginn - sachlech, roueg. Ech sinn als Minister souguer oft gelueft ginn an ech krut mindestens 100-mol Merci gesot, well ech esou transparent

wär an d'Dokumenter géif hannerleeën. Mee natierlech, dat kritt ee jo net mat. An ech kann och verstoen, datt ee jo elo en Narrativ haut brauch, fir den Dossier ofzeschleissen. An den Narrativ mécht, datt een dat natierlech muss zu enger Affär héichschauken, well soss passt dee Narrativ jo net no baussen. Dat ass jo da warscheinlech de Grond, firwat dat esou gemaach ginn ass.

Mee bon, soit! Ech kann domadder liewen an ech wëll och direkt soen: Mir ass et an deene ganze Méint, wou mer elo an deenen eenzelne Kommissiounen diskutéiert hunn, iwwerhaapt net drëms gaangen, fir Scholdzouweisungen ze maachen. An et ass mir och guer net drëms gaangen, fir meng eegze Responsabilitéit, déi ech während zwee Joer hat - de 4. Dezember sinn ech genau zwee Joer Defenseminister -, vu mer ze weisen.

An ech wollt och soen: All déi Saachen, déi ech do bei d'Kommissioun bruecht hunn, déi Dokumenter, déi Notten, déi mer virginn hunn, dat hu mer net gemaach, fir Scholdzouweisungen ze maachen. Dat hu mer gemaach, well mer wollten erausfannen: Wéi ass dat gelaf an der Vergaangenheet, wéi ass deen Dossier evoluéiert a firwat sinn déi Schwieriegkeeten do komm?

A wann da gesot gëtt, dat wär bal Arroganz, ech hätt d'Kommissioun ze spéit informéiert ... Ech wëll der Madamm Adehm an och allen aneren Deputéierte vun der Oppositioun soen: Ech sinn am Dezember 2018 Defenseminister ginn. Dat heescht, wann een da rechent, rasonabler Weis war et Januar 2019, ier ech en marche war - fir datt mer dann och wëssen, wou mer an de Joren dru sinn. Wann et esou wär, wéi Dir behaupt, datt ech annerhalleft Joer gewaart hätt, ier ech d'Kommissioun informéiert hätt, dann hätt ech d'Kommissioun eréischt am Summer 2020 informéiert. Or, ech hunn awer ufangs des Joers 2020 scho gefrot, fir an d'Kommissioun ze kommen!

Firwat hunn ech eréischt ufangs 2020 an net am Summer 2019 gefrot? Ma am Summer 2019 huet sech effektiv erausgestallt, datt mam Budget Schwieriegkeete kéinten opkommen, mee ech hat nach keen Iwwerbléck. An et war mer natierlech wichteg, fir d'éischt emol mat engem externe Consultant zesummen Uerdnung an den Dossier ze krieten an ze kucken: Wou wäerte mer dann herno landen?

An ech muss och soen, an der Pressekonferenz krieten ech dann op där enger Säit gesot, ech wär ze spéit an d'Kommissioun komm, fir se ze informéieren. An da gëtt awer gläichzäitig gesot, do hätt ech vun 180 Milliounen geschwat an elo wäeren et awer nëmme 139 Milliounen, déi missten nogestëmmt ginn, wat eigentlech de Beleg ass, datt et mer drëms gaangen ass, datt ech der Kommissioun awer hallefweegs eppes iwwert den Historique an iwwert de Verlaf vum Dossier kéint virleeën, wat dann och kéint dozou féieren, datt mer an der Kommissioun kéinten doriwwer diskutéieren.

Ech hätt lech am Summer 2019 natierlech kënnen soen: „Ech hunn do schonn eng Rei Bedenken, ech weess awer nach net esou richtig, wou ech d'Bedenke siche ginn an duerch wat se kommen. An ech kann lech och elo finanziell nach näischt soen, well ech muss dat emol nach kucken.“ Dann hätt Der gesot: „Dee mécht de Geck mat eis! E soll emol kucken, datt en eis en uerdentlechen Dossier virleet, an da soll en erëmkommen!“

Mee precisement dat hunn ech gemaach! Soubal den Dossier an d'Berechnung fäerdeg waren, hunn ech d'Kommissioun informéiert, an dann hu mer ugefaangen ze diskutéieren. An Dir krut an där Kommissioun - an et ware Gott weess vill Stonnen a Sätzungen - all Dokumenter an alles, wat Der gefrot hutt.

Elo kënnt Der mer soen, dat stellt lech net zefriden, wat Der do gesot kritt hutt. Mag sinn. Dat akzeptéieren ech och! Mee ech hunn och schonn deemools gesot, an zwar relativ fréi, dat wär net u mir ze decidéieren, mee ech wär awer fir total Transparenz an d'Chamber hätt eng Instanz zur Verfügung: Wann Der mir net gleeft, datt dat alles ass vun Dokumenter, déi ech hunn, ma wannechge-lift, da beoptraagt d'Cour des comptes, déi jo eng onofhängeg Instanz ass, déi der Chamber ënnersteet, déi precisement duerfir do ass, fir d'Exekutioun vum Budget ze kontrolléieren! Ma beoptraagt déi, e Rapport spécial ze maachen, da kënnen mer jo kucken, ob se méi erausfënnt oder méi Dokumenter fënnt wéi déi, déi ech hunn oder ech lech hei ginn hunn, oder ob ech iergendeppes gezielt hunn, wat net deem entsprécht, wéi et wierklech ofgelaf ass.

Dat ass iwwer Méint net gemaach ginn! An ech sinn duerfir och frou, datt d'Majoritéit dat dann elo wëllt nohuelen an duerfir déi Resolutioun haut deposéiert huet, fir datt d'Cour des comptes déi Aarbecht ka maachen. Ma duerfir ass déi do! Dat ass Äert Instrument als Chamber. A méi hunn ech och deemools an deem Interview iwwregens net gesot, wou Der gesot hutt, dat wär „arrogant Schulmeister“. Nee, dat hunn ech gesot, well ech laang Depu-



téierte war, laang an der Budgetskontrollkommissioun war an oft esou Rapporte gekuckt hunn, och oft Rapporte gefrot hunn an oft Reporter bei esou Froe war. A well ech weess, wéi d'Chamber fonctionéiert.

Dat war éischter de Contraire: Dat war aus Respekt virun der Chamber, datt ech gesot hunn, datt ech eigentlech net kéint verstoen, datt déi Instrumenter, déi d'Chamber huet, net géife genotzt gi fir ze kucken, dann ze verifiéieren, ob dat, wat ech der Chamber géif soen, herno och wierklech géif stëmmen, a wéi de Verlaf wierklech war.

Duerfir: Fir mer do e Reproche ze maachen, bon, wann Der dat mengt, Dir hutt dee gemaach. Mee ech soen lech just nach eng kéier: Am Januar 2019 hunn ech, wéi gesot, ugefaangen. Am Summer 2019, sechs Méint duerno, hunn ech festgestallt, wou d'Schwieregkeete waren. Ech hunn direkt eng Bestandsopnam maache gelooss a soubal mer d'Resultat haten, hunn ech informéiert. Dir kommt, Madamm Adehm, jo da vläicht och eng kéier an d'Regierung, da wënschen ech lech bonne Chance, wann Der mengt, dat géif méi séier goen oder Dir kéint dat aneschtens maachen. Op alle Fall ass dat net esou.

An da wëll ech lech soen zu deene Recommandatiounen, déi Der gemaach hutt an Ärem Rapport: De Gros vun de Recommandatiounen, déi hunn ech lech selwer relativ fréi an der Budgetskontrollkommissioun proposéiert! A firwat hunn ech dat proposéiert? Ma well ech dovun iwwerzeegt sinn a well ech och vun Ufank u gesot hunn, datt ech do d'Schwieregkeete gesi bei der Handhabung vun dësem Projet.

An da kommen ech zu der Vergaangenheet an zu der Schwierigkeeten an zu der Widderspréch - Dir nennt dat „widdersprénglech Aussoen“, déi den Här Heck gemaach huet. Den Här Heck huet keng widdersprénglech Aussoe gemaach; oder vläicht huet en där och gemaach, i don't know, dat ass un lech, dat ze verifiéieren. Mee op alle Fall: D'Grondphilosophie, mat där den Här Heck bei lech komm ass, wéi en lech erkläert huet, wéi de Projet ugaange ginn ass, datt ass iwwer Joerzéngte virdrun effektiv d'Grondphilosophie an der Defense gewiescht. Déi hunn ech awer net gutt fonnt! A wéi ech dee Projet gesinn hunn an entdeckt hunn, datt e Schwierigkeeten huet, hunn ech effektiv och dowéinst d'Hänn iwwert dem Kapp zesummegeschloen, well ech mer gesot hunn: Dat kann net sinn! An d'autant plus, well 2012 eng nei europäesch Gesetzgebung do war, déi mécht, datt een an der Defense zwar nach ëmmer kann aus Defensegrënn zum Beispill net iwwer Marché-publicité fueren, mee datt dat awer vill méi ageschränkt ass.

Mee dat war awer eigentlech nach dee mannste Problem hei an där ganzer Geschicht. Fir mech war den Hauptproblem, datt ech der Iwwerzeegung sinn, datt et net ka sinn, datt ech e Projet zesummestellen, bei deem net all d'Käschten, déi domat ze dinne hunn, direkt dra sinn. An dat huet den Här Heck lech och hei erkläert, en huet gesot: „D'Philosophie an der Defense war ëmmer, datt gesot ginn ass: „Jo, do huele mer dann d'Fonctionnements- oder d'Exploitationkäschten, déi ginn herno iwwert de Fonds d'équipement militaire finanziert. Dat anert gëtt iwwert den normale Budget vun der Defense finanziert.“

An ech hunn eng kéier an der Kommissioun gesot, dat wär, wéi wann ech bei Bâtiments publics géif soen: „Ech bauen e Gebai“, an ech bréngen iergendeen Finanzéierungsgesetz vun engem Gebai. An da soen ech: „Dat ass awer nëmmen de Réibau mam Daach drop an esou weider. Mee herno d'Heizung, d'Elektesch an alles, wat drakënnt, dat finanzéieren ech iwwert deen normale Budget, iwwer iergendeen Fong a mengem Budget, well dat huet jo nëmmen indirekt mam Gebai ze dinne.“

Esou ass et och hei. An ech hunn lech dat vun Ufank un an der Kommissioun gesot: Ech hunn do eng aner Philosophie. An ech si vun Ufank un och an dee Ministère eragaange mat där nämmlecher Philosophie wéi déi, déi ech iwwert déi Jore virdrun an dem Bauteministère hat, wou ech vill méi Projeten hu misse geréieren an deem heite Sënn wéi an dem Defenseministère.

An duerfir hunn ech lech och proposéiert, datt ech d'office gär hätt, datt d'Defenseinvestissementsprojeten an dëser Legislaturperiod genau wéi d'Projete bei Bâtiments publics oder an aneren Administratiounen ënnert déi nämmleche Prozedure géife falen, datt mer also reegelméisseg an d'Budgetskontrollkommissioun géife kommen, fir lech d'Exekutioun vum Budget ze weisen.

Duerfir, et kann een awer d'Saachen elo net esou verdréien, och wann et engem an den Narativ passt haut, fir eng Affär draus ze maachen a fir dann ze versichen ze soen: „Hei ass e Minister, deen huet versot!“ Ech kann domadder liewen, wann Der mengt, dat mussen ze soen. Mee bleift awer wannechgelift bei der Wourecht, wéi et war!

D'Realitéit war déi, datt de Minister d'Chamber drop opmierksam gemaach huet. An d'Realitéit ass

awer och déi, muss ee soen, datt d'Chamber 2018 bei der Analys vum Gesetz an der grousser Majoritéit - mat Ausnam vun deene Lénken - awer guer näischt fonnt huet a fir dat Gesetz hei gestëmmt huet!

Dat mannst, wat een do awer och muss soen, dat ass, datt d'Froen net ganz wäit hu misse goen. Well wann Der deemools als Oppositioun esou kritesch gewiescht wäert, dann hätt Der och deemools kënnen dergéint stëmmen. Dir hutt et net gemaach! Duerfir wannechgelift, ier Der Léieren ausdeelt an hei Scholdzouweisung maacht, kuckt awer och e bëssen op Är eegen Agenda a wéi Der lech am Dossier hei verhalen hutt!

*(Interruptions et brouhaha)*

Da wëll ech awer och soen, datt hei eng Rei Saache gesot ginn, déi einfach net stëmmen!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Bausch, erlaabt Der, datt den Här Roth lech eng Fro stellt?

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Selbstverständlech.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här Bausch. Dir hutt elo Referenz gemaach op de Vott, deen deemools gemaach gouf, ënner anerem vun der CSV-Fraktioun. Ech wëll lech da just d'Fro stellen: Huet de Reporter - wann ech mech gutt erënneren, war dat den Här Angel - dann drop higewisen, dass nach misst eng Zousazrallonge gestëmmt ginn?

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Den Här Reporter huet net op eng Zousazrallonge higewisen. Mee, Här Roth, wann ech awer héieren, mat wéi enger Einfachheet elo hei analyséiert gëtt, datt een hätt misse wëssen, wat alles am Projet géif feelen an datt dat mat deenen 170 Milliounen net kéint duergoen - et gëtt jo hei duergestallt, wéi wann dat scho virdru quasi d'évidence gewiescht wär -, dann hätt ee sech awer och mindestens als Chamber, als Deputéierten, Majoritéit wéi Oppositioun, misse deemools eng Rei Froe stellen, ob et mat deenen 170 Milliounen géif duergoen, d'autant plus, wou awer och eng Rei Indicë schonn deemools do waren, datt et net géif duergoen.

Dann hätt ech op alle Fall an der Oppositioun warscheinlech d'Gesetz net gestëmmt. Vläch net, well ech et net gutt fonnt hätt, mee well ech gesot hätt: „Ech hunn awer do eng Rei Zweifelen, ob dat doten herno opgeet.“ Mee dat ass awer net mäi Problem. Mäi Problem ass deen, datt een net elo hei ka maachen, ...

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Mir hunn awer deemools gesot, et wär eng Virwëlztut, Här Minister. Eng Virwëlztut, dat ass eng Virwëlztut!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Jo, mee Dir hutt et awer gestëmmt, Här Halsdorf. Dir hutt d'Virwëlztut awer gestëmmt, Här Halsdorf.

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Justement well mer eng proaktiv Haltung haten.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Jo. Mee ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Halsdorf, Dir kënnt net einfach esou draschwätzen.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Här Halsdorf, ech hu jo kee Problem ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Roth freet nach eng kéier d'Wuert.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Här Minister, ech mengen, dass awer d'parlamentaresch Aarbecht net kann dra bestoen, dass een näischt seet. Et ass den Objet vun dem Minister, dee Ministre du ressort ass, fir en Dossier a voller Transparenz a mat alle Konsequenzen ze presentéieren. An et ass och dann um Reporter, dee meeschtens de Majoritéitsfraktiounen zougehéiert, fir da vollëmpfänglech d'Chamber opzklären, wat dass se dann herno stëmmt.

Dir kënnt awer elo net hei behaapte kommen a soen: „Ma Dir musst alles erausfannen, wat fir eng Faillen a wat fir engem Gesetz drastinn.“ Ech mengen net, dass dat de Sënn vun engem gesonde Parlamentarismus ass!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Här Roth, ech ginn lech Recht, datt et d'Verpflichtung ass vum Minister, fir hei a voller Transparenz ze weisen, wat am Projet steet. Mee wann ech awer als Oppositiounspartei, wéi den Här Halsdorf et jo selwer seet, deemools der Meenung war, et wär eng Virwëlztut, eng Virwëlztut vun 170 Milliounen ...

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Mir hätten och kënnen dergéint stëmmen. Mir hunn dat justement net gemaach.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Här Präsident, ech hu jo kee Problem, datt ech Froe gestallt kréien, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Halsdorf, ech hat lech schonn eng kéier gesot gehat: Wann Der gären d'Wuert hätt, da mellst lech, da frot et. Mee Dir kënnt net einfach esou hei draschwätzen!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Wann ech awer deemools der Meenung war, et wär eng Virwëlztut, als Oppositiounspartei, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Den Här Halsdorf war Arméiminister.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- ... ech weess net, ob ech dann als Oppositiounspartei eng Virwëlztut gestëmmt hätt.

■ **Une voix.**- Ech weess.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Méi wollt ech domat net soen. Ech wëll dat där Einfachheet an där Liichtegkeet géigeniwwerstellen, mat där elo hei Virwërf gemaach gi par rapport zu mir, datt ech hätt missen a sechs Méint quasi d'Virwëlztut schonn decortiquéiert hunn an erkläert hunn a virun d'Chamber erkläre kommen. Méi wollt ech am Fong domadder net soen, wéi datt et an der Praxis e bësse méi komplizéiert war.

A fir nach eng kéier drop zrëckzekommen: All Froen, selbstverständlech, vun allen Deputéierte sinn ëmmer berechtegt. D'Chamber ass do, fir d'Regierung ze kontrolléieren, domadder hunn ech kee Problem. Mee ech sinn erstaunt iwwert de Verlaf an der Kommissioun an den Toun, deen haut hei war. Dat wollt ech domadder eraussträichen.

Dann zu enger Rei Saachen, déi gesot ginn, déi einfach net richtig sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären! Et ginn hei eng Rei Saachen duercheneeghäit, bewosst, onbewosst, ech weess et net. Et ass mer eigentlech och egal.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Bewosst!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Ech wëll se awer eng kéier beliichten.

Fir d'éischt emol ugefaange mat deenen zwee Haaptelementer vum Segment sol, also vun der Exploitation au sol. Mir wousste scho relativ fréi, also dat hu mer haut an der Bestandsopnam drastoen, datt scho relativ fréi bekannt war, datt de Segment sol net an den Ausgaben ..., also an dem éischte Finanzéierungsgesetz kéint dra sinn. Firwat? Mee well effektiv jo schonn Enn September, ufangs Oktober e gudden Deel vum Budget opgebraucht war fir d'Constructioun vum Satellitt, d'Erop-schëisse vum Satellitt an esou weider. Dat heescht, dee ganzen Exploitationsdeel war net dran.

An do kënnt de Problem hier. De Problem kënnt menger Aschätzung no dohier, datt einfach e Fehler gemaach ginn ass vun dem deemolegen Defensedirekteur a vun der Defense en général an och warscheinlech vun deemolege Minister, datt einfach geduecht ginn ass: Mir finanzéieren dat separat iwwert de Fonds d'équipement militaire. Or, ech hunn eng aner Positioun dozou. Ech mengen, dat geet net. Ech mengen, et kann net sinn, datt de Satellitt just an der Luucht flitt, dovun hu mer jo näischt. De Segment sol gehéiert per se zum Satellitt an et hätt een dat d'office missen an de Projet drasetzen.

Dat ass ee vun de groussen Problemer. Mee et ass awer net esou, wéi et hei duergestallt gëtt, datt all déi Suen, déi mer elo hei virgesinn, déi 139 Milliounen, datt dat d'Suen zu der Fënster erausgehäit wär, datt déi onnëtz géifen ausgi ginn. Nee, dat ass net richtig! Déi Suen do, déi gehéieren zum Käschtepunkt vun esou engem Satellitt. Dat heescht, et ass net esou, datt mer duerch de Fait, datt se am éischte Finanzéierungsgesetz net dra waren, elo doduerjer méi missten ausginn, well do eppes vergiess gi wär an doduerjer d'Saach méi deier géif ginn. Nee, et gëtt méi deier, well ee menger Aschätzung no d'office hätt missen 2018 am Projet, deen d'Chamber fir de Vott virgeluecht kritt huet, dee ganzen Deel vun der Exploitatioun an d'Finanzéierungsgesetz setzen. Da wär d'Situatioun net esou gewiescht.

Mee dat wëllt awer dann och heeschen, datt et keng Elementer sinn, déi mer elo mussen finanzéieren, just well dat deemools vergiess gi wär. Et gehéiert einfach zum Projet. Dee ganzen Data Processing Centre an och dee MOC, déi iwwerregens jo och op Lëtzebuerg kommen, déi gehéieren zum Projet. An dat ass ee groussen Deel vum Käschtepunkt.

An da wëll ech och soen, dat huet nëmmen indirekt ze di mat dem Fait, datt mer elo soen, et hätte 40, 50 Leit vun der Arméi dat misse maachen - ech kommen och nach op dee Volet ze schwätzen -, mee déi ganz Infrastruktur war jo och net virgesinn. Et ass jo net nëmmen de Käschtepunkt vum Personal, et ass och d'Infrastruktur, déi net virgesi war. Bon, an dat ass eeben elo hei am Projet mat dran.

Da kommen ech zu den Antennen. Dat ass zënter Méint den Haaptsubjekt an der Kommissioun gewiescht. An ech wëll éischstens emol dozou soen, datt ech och vläch léier gehat hätt, wann d'Antennen zu Lëtzebuerg gewiescht wäeren. Mee dat ass awer net den Hauptproblem, éischstens, firwat mer hei e Gesetz mussen nostëmmen, an et ass och net déi Haaptschwieregkeet, déi mer am Projet hunn. A wann da gesot gëtt, dat wär e Verloscht vun der Souveränitéit, datt mer d'Antennen elo op Redu setzen, da wonneren ech mech iwwer esou Aussoen, well d'Antenne vu LuxGovSat stinn och zu Redu. Dat ass jo och deemools hei an der

Chamber gestëmmt ginn. Do huet kee Mënsch sech déi Froe gestallt. An zu Redu, do stinn och SES-Antennen. Redu ass e Site, deen op europäeschem Niveau virgesinn ass, fir dat dohinzusetzen. Et ass eigentlech iwwerhaupt kee Problem, fir dat do ze maachen.

Mee dat ass, wéi gesot, net de Méikäschtepunkt. An dat ass och ganz sécher net e Verloscht vu Souveränitéit. Mee ech plädéieren awer fir Redu an net fir aner Varianten, well all aner Varianten, déi de Moment nach an der Diskussioun waren oder sinn, mat esou groussen Schwierigkeete verbonne sinn, datt ech fäerten, datt mer dann erëm eng kéier Verspéidung kréien, datt dat erëm mat méi Käschte verbonne ass an eis am Endeffekt awer näischt méi bréngt. Well déi Antenne fonctionéiere wonnerbar vu Redu aus, sou wéi och d'LuxGovSat-Antenn, déi schonn do steet, do bedriwwen gëtt, ganz gutt do fonctionéiert.

An da wonneren ech mech och, datt net méi driwwer geschwat gëtt - well dat sinn zum Beispill Punkten, déi mech perséinlech erstaunt hunn, datt déi emol iwwerhaupt net virgesi waren, weeder an den ursprénglechen Diskussiounen nach soss iergendzousch -: Mee zum Beispill d'Antenn an Norwegen - déi zweet Antenn, déi ee brauch -, déi ass absolut noutwendeg, well déi Biller mussen jo 24 Stonnen op 24 kënne gesent ginn, 7 Deeg op 7. Dee Satellitt kreest jo x-mol ronderëm d'Äerd, dat heescht, dee ka jo och op Plaze gesteuert ginn, duerfir brauch een déi zwou Antennen. Or, déi an Norwege war guer net virgesinn, déi war weeder am Projet insgesamt virgesinn nach soss iergendwou. Déi ass och elo virgesinn an deem heiten. Duerfir ass dat, wéi gesot, méi sécher an deem Ganzen.

Den Datacenter respektiv de Backup vum Datacenter waren och net virgesinn am Projet. Dir sot, Dir wäert erstaunt gewiescht bei der NSPA; ech hat et zwar eng kéier an enger Kommissioun erwänt. Mee ech muss lech awer éierlech soen, ech mengen, datt de Projet, dee mer elo haut hei diskutéieren, a wou mer wat wëlle maachen, datt ass jo net méi den Objet gewiescht vun der Budgetskontrollkommissioun. An der Budgetskontrollkommissioun war den Objet fir ze kucken, d'Vergaangenheet opzeschaffen.

Mee et ass jo awer eng gutt Iddi, datt mer versichen, och do mat Lëtzebuerger Partner ze schaffen, mat der NSPA, mat där mer laang Erfahrung hunn, an datt mer versichen, op déi zrëckzegräifen, fir dat do ze maachen. Mee dat war och net am Projet virgesinn.

Dat heescht, et gëtt eng ganz Rei Ausgaben, déi am Finanzéierungsgesetz net virgesi waren, well se eeben an där falscher Logik ugewannt gi sinn, nom Motto: „Mir maachen dat iwwert de Fonds d'équipement militaire; mir maachen et iwwert den normale Budget“, wou iwwerregens awer och d'Suen net am Pluriannual virgesi waren, an dat huet dozou gefouert, datt mer déi Schwierigkeeten hunn.

Dat ass och eng Philosophie, déi ech net deelen, well ech mengen, nach eng kéier, datt ee bei engem Investissementsprojet einfach alles an de Projet setze muss, deen een der Chamber virléet, an net iwwer verschidde Weeër fuere soll wéi hei, well soss huet ee jo net transparent par rapport zu der Chamber geschafft, wann een de Projet deposéiert.

Mee, wéi gesot, déi Philosophie do ass an der Defense iwwer Joerzéngten ugewannt ginn! An déi ass awer elo gebrach, kann ech lech soen. An dat op eege Proposen, déi ech gemaach hunn an deene leschte Joren. Dat huet och erëm eng kéier näischt mat Scholdzouweisung ze dinne, dat ass einfach meng Meenung an dat ass och d'Aart a Weis, wéi ech un dee Projet wëll eruegoen.

Da kënnt d'Fro: D'Arméi, wat hätt d'Arméi kënne maachen? A wéi staark ass d'Arméi haut am ISR-Beräich?

Éischstens emol wëll ech soen: den ISR-Beräich, dat ass jo net nëmmen de Satellitt. D'Arméi huet haut Erfahrung opgebaut, an dat maache mer jo an dat gesi mer jo am Mali, wou mer iwwert de GovSat Kommunikatiounen zur Verfügung stellen, wou d'Lëtzebuerger Zaldoten dohinnerginn an do d'Kommunikationssystemer opriichten. Do ass iwwert déi lescht Joren Erfahrung an Knowhow opgebaut ginn. Mee dat ass eng aner Technik, do geet et ëm aner Saachen.

Et gëtt am ISR-Beräich zum Beispill och den Droneprogramm, wou d'Arméi amgaangen ass, vill ze maachen, a wou mer och elo am Kader vun där neier Missioun am Mali, der European Union Training Mission Mali, wou mer mat dra sinn, e Contingent an de Mali schécken, wou d'Lëtzebuerger Arméi mat hiren Erfahrungen a mat hirem Knowhow, dee se am ISR-Beräich opgebaut huet, am Droneberäich ka schaffen.

Mee an deem hei Beräich ass et keng Erfahrung ginn. An et ass esou, dat muss een awer wëssen, wann ee bei der Arméi 40 spezialiséiert Leit brauch, an dat hei si jo awer méi spezialiséiert Leit, da muss een déi emol rekrutéieren an da mussen déi jo mol hir





Formation maachen an der Arméi. Dat heescht, véier Méint ITB, a wann een d'ganz Formation an der Arméi kuckt, dann ass een op mindestens dräi, dräi an en halleft Joer. Dat heescht, och wann een dann 2018 e Gesetz stëmmt, wou esou eppes dra-steet oder wou dann och gesot gëtt, mir maachen dat iwwert d'Arméi, da muss ee feststellen, datt dat net realistesch war bei deem Timing, deen do gi war, well d'Ausbildung vun der Arméi eleng - sous condition, datt een iwwerhaupt Leit fënnt, déi een duerfir brauch - effektiv esou vill Joer dauert.

Et ass awer elo esou, datt mer de Gros vun deenen operationelle Saache jo zu Lëtzebuerg maachen. Mir wäerten dee ganze Steueringsystem an och dat, wou d'Date verschafft ginn, zu Lëtzebuerg hunn. Do gëtt et entre-temps schonn eng Rei Iddien. An et ass mir jo och wichteg, datt dat zu Lëtzebuerg ass. An ech hu kee Problem, fir no an no Leit vun der Arméi natierlech do ausbilden ze loossen, datt déi no an no kënnen dorobber schaffen. Mee dat ass awer elo och net dat, wat de Projet, wéi soll ech soen, zum Scheitern bréngt.

Dann zum Pôle gouvernemental aérien: Beim Pôle gouvernemental aérien, do ass jo esou, do steet jo keng Beschriewung an deene Ligne-directrice, déi iwwregens ni duerch de Regierungsrot ... Déi sinn zwar duerch de Regierungsrot gaangen, mee net an deenen Detailer, wéi Dir dat hei geschildert kritt hutt. Mee dat ass emol egal, dat ass och net wichteg. Wat wichteg ass, dat ass dat, wat dosteet.

Natierlech hu mer um Flughafen och haut e Pôle oder baue mer eppes op am Sënn vun engem Pôle gouvernemental aérien um Niveau vun der Defense. Ech wëll awer drun erënneren, datt mer rezenterweis zwee Helikoptere fir d'Arméi geliwwert kritt hunn. Déi stinn um Flughafen. Ech wëll och drun erënneren, datt mer de Programm A400M hunn. Den A400M ass zwar net hei stationéiert, mee wäert awer och mat iwwer Lëtzebuerg fonctionéieren. Ech wëll drun erënneren, datt mer fir den MRTT-Programm elo rezenterweis nach d'Stonnen an d'Luucht gesat hunn. Dat ass och e Programm, deen dozou gehéiert.

Also dee Pôle gouvernemental aérien am Beräich vun der Defense, dee beinhalten vill Facetten. Mee op alle Fall konnt déi Satellitfacette vum NAOS (ndlr: National Advanced Optical System) net dra sinn, well deemools, wéi 2017 d'Ligne-directrice festgehalen gi sinn, do ass et en NAOS-Projekt iwwerhaupt nach net ginn! Dat heescht, dee Projet ass jo vill méi spéit derbäikomm. Datt et do emol Iddien oder Virstellung gi si fir ze soen: „Kënne mer dat net op de Flughafen hisetzen?“, datt ass eng Saach - dat ass iwwregens och de Grond, firwat gekuckt ginn ass, d'Antenn ronderëm de Flughafen ze setzen -, mee realistesch gesinn ass dat awer net machbar, well effektiv do keng Plaz ass.

An ech wëll lech och soen - dat hunn ech och als Mobilitéits-, als Transportminister deemools dem Defenseminister méi wéi eng Kéier gesot -, datt dat limitéiert ass, wat mer vu Méiglechkeeten hunn um Flughafen, well de Flughafen einfach limitéiert ass a senger Capacitéit. An a priori ass et awer nach ëmmer en ziville Flughafen a mir wëlle jo net e militäresche Flughafen draus maachen. Mir kënnen eng Rei Saache maachen, awer ganz sécher net e grouse Pôle do opbauen, wéi dat da vläicht verschidde Leit sech wëlte virstellen.

Da kommen ech zur Fro: Firwat hu mer PwC gewielt? Éischtens emol ass et net richtig, mir hunn eng ... Do muss ee jo wëssen, mir sinn an zwou Etappe virgaangen. Wéi ech am Summer 2019 entdeckt hunn, datt et Schwierigkeete géife gi mam Finanzement, du wollt ech jo déi Analys maachen. Dunn hunn ech emol dräi Offere gefrot. Ech wousst jo net, wat d'Envergue wär, wou ech do géif erauskommen. Ech hunn do jo missen ... Ech hunn eng Rei Saache festgestallt, datt et net géif opgoen, an do hu mer dräi Offeren erageholl, an déi bescht Offer, also déi gönschtegste Offer - wéi dat da virgesinn ass - war deementspriedend déi vu PwC. Mir hu PwC net einfach esou gewielt.

Wéi dunn natierlech PwC déi Viraarbecht gemaach hat a wéi mer do festgestallt hunn, wou de Misär léich an datt et awer wichteg wär, datt mer eng Begleitung hätten en vue vum Färdgestelle vum Projet de loi a fir datt mer op déi richtig Bunne këimen, jo, logescherweis si mer do mat PwC weidergefuert, well dat hätt jo kee Sënn ergi fir ze soen: „Elo schreiwe mer erëm frësch aus.“ Da wär en Neien eventuell erakomm, deen hätt déi ganz Aarbecht vu virduer erëm eng Kéier missen oprullen an och nach eng Kéier misse genau kucken. An dat war de Grond, firwat mer dat gemaach hunn.

Ech muss lech och soen: Ech fannen et e bëssen e staarkt Stéck, éierlech gesot! Dir werft hei enger Gesellschaft, enger Fiduciaire - an net där manns-ter, enger vun de Big Four - e Conflit d'intérêts vir. Dat ass liichtfankeg gesot. Ech hätt dat an Ärer Plaz net onbedéngt gemaach, well ech gi jo awer dervun aus, datt PwC als eng vun de Big Four schlau genuch ass an oppasst, wa se en Opdrag unhëlt, datt se kee Conflit d'intérêts huet. Ech hoffen dat zumindest! Dat ass net dem Minister seng

Responsabilitéit, mee dat ass deem seng Responsabilitéit, deen den Opdrag unhëlt. Do muss et kloer sinn, datt dee kee Conflit d'intérêts huet. Duerfir géif ech awer e bëssen oppassen, wann ech esou Saache soen an an de Raum geheien.

An och bei enger Rei anere Saachen, déi gesot gi sinn! Et huet jo awer kee Wäert, datt mer hei mat Vermutungen schaffen, wou iwwerhaupt keen ee Beleg do ass par rapport zur Fro, wien do wou wat fir eng Interesse gehat hätt. Op alle Fall kann ech lech eent soen: Dir sot, ech hätt bewosst gewaart, ier ech an d'Kontrollkommissioun komm wär, fir den Étienne Schneider ze protegéieren oder wat weess ech, well ech gewosst hätt, e wëilt aus der Regierung erausgoen.

Ech hunn lech virduer och erkläert, firwat ech eréischt tëschent Januar an ... Ech hunn iwwregens schonn am Januar déi éischt Ufro gemaach a mir wëssen och: En éischten Datum war scho méi fréi fixéiert ginn, an du kout Covid. Duerfir huet dat sech och alles e bësse verschoben. Mee ech si komm zu engem Zäitpunkt, ech hunn ugefrot zu engem Zäitpunkt, wou den Étienne Schneider nach an der Regierung war, just fir dat ze soen! An ech hunn och déi do Aarbecht, déi Viraarbecht all gemaach zu engem Zäitpunkt, wou den Étienne Schneider nach an der Regierung war. An ech muss lech och soen, ech wousst am Summer 2019 net, datt den Étienne Schneider den 1. März net méi an der Regierung wär. Dat huet den Étienne Schneider mir selbstverständlech net gesot, an dat geet mech och eigentlech näischt un. Dat ass jo seng Decisioun, net meng Decisioun, an hie mécht och do, wéi hien dat fir richtig fënnt. Dat ass eenzeg an eleng seng Decisioun.

An déi Decisioun ass bekannt ginn ufangs des Joers, wéi ech scho längst ugefrot hat, fir bei d'Budgetkontrollkommissioun ze goen. A wat wär och mäin Interêt dovunner? Sot mir mol ee Grond, wat do mäin Interêt wär, fir dat ze maachen! Fir datt ech herno d'ganz Responsabilitéit eleng droe géif, oder wat? Pardon, ech mengen, dat ergëtt kee Sënn hannen a vir, fir mer dat ze ënnerstellen! A virun allem ergëtt et kee Sënn, well ech lech erkläert hunn, wéi ech un d'Saach erugaange sinn a firwat et mer esou wichteg war, datt ech eréischt bei d'Chamber géif kommen zu deem Zäitpunkt, wou ech och wierklech konnt soen, wat d'Envergue wär a wou ech géif mengen, op Basis vun enger genauer Analys, datt d'Schwierigkeete wäeren.

Dat gëtt iwwregens och ëmmer esou gemaach. Mir komme jo ni an d'Budgetkontrollkommissioun, och net am Stroossebau ..., well mir ware jo nach ëmmer an der Legalitéit. Ech hu kee Centime bis elo ausginn iwwert dat eraus, wat am Finanzéierungsgesetz, dat d'Chamber gestëmmt huet, virgesi war. Wann ech dat gemaach hätt, dat wär e gréissere Problem gewiescht!

Mee ech hunn dat net gemaach an duerfir hunn ech et gemaach, wéi et ëmmer gelaf ass, och an der Bautekommissioun an der Vergaangenheet. Well do ass et jo net esou, wéi wann et do net och Projekte gi wäeren, wou d'Käschten emol explodéiert wäeren. Ech wëll nëmmen un d'Nordstrooss denken: Dir kënnt lech jo erënneren, wéi vill Mol do huet missen nogestëmmt ginn, a vu verschiddenste -Ministeren. An déi sinn och allkéiers an d'Budgetkontrollkommissioun gaangen, wa se bis eng genau Bestandsopnam hatten, wat da wierklech Saach wär a wéi vill se gerechent hunn, datt misst nogestëmmt ginn. Duerfir, wéi gesot, ass dat zimmlech mat den Hoer erbäigezunn, fir mir dat hei wëllen ze ënnerstellen.

Da wëll ech nach op eng Rei Froen agoen, déi den Här Kartheiser och gestallt huet. Dat Éischt ass, e seet: „Jo, wie seet eis dann, datt hei en Interêt do ass?“ Mir hätte jo gesi bei LuxGovSat, datt et schwierig wär, fir Projeten ze ficeléieren an Zesummenaarbecht mat anere Regierungen oder mat der UNO, mat der NATO, also mat effentlechen Institutiounen.

Da wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, datt et e groussen Ënnerschied gëtt: LuxGovSat gëtt geréiert vun enger kommerzieller Gesellschaft. Also LuxGovSat ass eng kommerziell Gesellschaft: 50 % Staat, 50 % SES. Déi grouss Schwierigkeet, déi do besteet, ass natierlech, datt dat, wat mer hei kënnen maachen, nämlech e Government-to-Government-Vertrag - wéi Dir et och richtig beschriwwen hutt -, datt dat bei LuxGovSat net geet. Dat geet just fir déi 10 %, déi mir d'office als Lëtzeburger Staat kafen, wou mir driwwer verfügen. Déi kënnen mir verginn, dat hu mer jo och gemaach, elo zum Beispill mat der MINUSMA-Missioun am Mali mat der UNO. Mir hunn dat gemaach, andeem mer en Deel vun eiser Capacitéit der UNO zur Verfügung stellen, fir da kënnen eng Telekommunikationsverbindung hierzestellen iwwer Satellitt am Mali.

Mee hei ass jo e Satellitt - do geet et ëm d'Observation -, an deen ënnersteet zu 100 % der Defense, also dem Staat an der Arméi, dat heescht, et ass eng ganz aner Saach! Mir kënnen hei parfaitement e Government-to-Government-Vertrag maachen. Et geet jo och net ëm kommerziell Interëten, mee et

geet ëm wierklech institutionell Interëten, déi hannendrusteichen. An duerfir ass dat, mengen ech, eng ganz aner Geschicht.

Dann zu Ärer Fro mat Kleos: Firwat gi mer net op esou e Wee? Ma Kleos ass e flotten, e gudde Projet, menger Meenung no, mee dat ass eppes ganz aneschtens, e ganz anere System. Do maache se keng Fotoen. Do geet et zum Beispill drëms, fir Schëffer duerch elektronesch Moyaenen ze identifzéieren. Dat heescht, dat huet net déi Prezisioun wéi déi Biller, déi mer kënnen iwwert de Satellitt hei maachen. Dat heescht, et ass e ganz aneren Hantergrond hannendrun, wéi gesot, deen natierlech gutt ass, mee just fir ze erklären, firwat dat awer en Ënnerschied ass.

An ech wëll lech och soen: Mat de Belsch hu mir nach net en Accord, mee mir hunn eng „letter of intent“ ënnerschriwwen. Dat heescht, dat ass keen Accord. En Accord wär, wa mer eppes ënner..., also mir hunn eis do nach zu näischt engagéiert. An ech mengen, mir komme selbstverständlech bei d'Chamber, soubal mer eis zu iergendeppes engagéieren.

Da wëll ech dem Här Baum soen, dass ech natierlech, éischtens emol, seng Meenung absolutt respektéiere wëll, well ech mengen, déi Lénk sinn déi Eenzeg heibannen, déi eigentlech eng kloer Haltung hunn an deem Dossier hei, well se aus politeschen, klore Grënn vun Ufank u géint dee Projet waren. Ech deelen déi Meenungen net vun hinnen an allen Hisiichten. Et sinn eng Rei Saachen, déi den Här Baum seet, déi ech souguer kann deelen. Nach laang net alles, mee et sinn eng Rei Saachen, déi ech kann deelen. Mee déi Lénk sinn déi Eenzeg, déi eng kohärent Haltung hei am Dossier hunn an déi ganz kloer och duerfir, ...

#### (Interruptions)

... wéi een op Däitsch géif soen, „erhobenen Hauptes“ hei kënnen dergéint stëmmen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*):- D'Regierung huet also keng?

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- Gellift?

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*):- D'Regierung huet also keng kohärent Haltung?

#### (Coups de cloche de la présidence)

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- Nee! Ech schwätzen elo vun deenen, déi dergéint sinn.

■ **Une voix**:- Très bien!

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- Ech schwätze vun deenen, déi dergéint sinn. Ech si jo derfir, Här Clement. Ech kommen nach drop zrëck, ech si jo nach net färdig. Gitt mer emol eng Chance! Ech sinn nach net färdig.

#### (Interruption par M. Sven Clement)

O, Här Clement, ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Den Här Bausch huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- ... Dir hat laang Zäit, Dir hutt net vill gesot an deenen zéng Minutten, wou Der geschwat hutt. Bon!

Den Här Baum huet ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- Awer en huet d'Wourecht gesot!

#### (Coups de cloche de la présidence)

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- Dem Här Baum seng Meenung ass ganz kohärent gewiescht, ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*):- E bësse Respekt virum Parlament hei!

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- ... duerfir respektéieren ech se, och wann ech net an allem mat em averstane sinn.

Ech muss och soen, natierlech kann een all militäresch Ausgab ëmmer erëm vergläiche mat aneren Ausgaben, an da kléngt et natierlech ëmmer am beschten, wann ee schwätzt vu Logement oder Sozialausgaben, vun allem, wat d'Mënschen, wat mir alleguer gär hunn a wou mer frou sinn, wann investéiert gëtt, och ech. Mee ech mengen, dat ass jo awer net de Sënn vun der Saach. Bon, ausser et seet ee mer: „Ech sinn der Meenung, mir brauche keng Defense, mir brauche keng Arméi a mir sollen einfach déi Sue komplett aspueren an domadder just Wunnenge bauen.“ Déi Meenung kann een hunn, dat ass awer net meng Meenung. An ech mengen, dat ass och net d'Meenung vun deene meechten heibannen. Mee, wéi gesot, ech respektéieren dat awer, zumindest ass dat eng gewësse Kohärenz, mat där hien déi Saachen hei virdréit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Ofschloss soen: Ech si wierklech, an dat hunn ech an der Kommission méi wéi eng Kéier gesot, Demandeur, datt den Historique hei am Detail opgeschafft gëtt. An duerfir fannen ech och déi Propos, fir d'Cour des comptes ze beoptragen, eng gutt Propos. Bon, dat ass der Chamber hir De-

cisioun. An ech ginn och dovun aus, datt déi onofhängeg, neutral Instanz Cour des comptes do och eng uerdentlech Aarbecht wäert maachen an eis en uerdentleche Rapport wäert herno virleeën. An da muss mer kucken, wat an deem Rapport herno steet. A wann dee Rapport ergëtt, datt ee vläicht nach duerno weider muss diskutéieren, da solle mer duerno weiderdiskutéieren! Ech hunn domadder als Minister glat a guer kee Problem, a wéi enger Form och ëmmer, soen ech lech och ganz kloer.

Mee alles dat ännert awer näischt drun, datt ech der Iwwerzeegung sinn, datt dee Projet hei als Projet a mat der Finalitéit, déi en huet - datt en eng Defensefinalitéit huet an eng zivill Finalitéit kann hunn -, e gudde Projet ass an datt et een ass, dee mech iwwerzeegt.

An ech wëll och soen, datt et net richtig ass, wa behaupt gëtt ... Ech hunn an engem Interview gesot, datt d'NATO net frou wär, datt mir nëmme wëlte Suen ausgi fir deier Projekte wéi a Satellitten an esou virun. Domadder hunn ech awer net gesot, datt d'NATO eis dat net unerkennt. Dat ass net wouer, dat ass en NATO target! Mee d'NATO huet eis gesot: „Dir kënnt net nëmme just dat do maachen.“ Dat war meng Ausso an dozou stinn ech och nach haut!

Dat heescht, mir si jo elo am NATO Defence Planning Process dran ... An iwwregens wëll ech der Madamm Adehm soen: Am Januar, de Rendez-vous ass scho fixéiert mat der Chamberskommissioun, iwwregens fir d'éischt! Ech ka mech net erënneren, an ech war laang an der Chamber, ech war och eng laang Zäit an der Defensekommissioun als Oppositionsdeputéierten, ech ka mech net erënneren, datt eng Kéier jeemools ee Minister an eng Kommission komm wär, an dat während dem NATO Defence Planning Process, dat heescht, währenddem wou diskutéiert gëtt driwwer, wat da fir den zukünftigen Effort de défense soll ustoen. Datt ech do wëll d'Chamber consultéieren, dat ass en Novum, Madamm Adehm! Deen hunn ech agefouert an deser Legislaturperiod.

An deen hunn ech iwwregens net agefouert weinst deem Projet hei, mee well ech et wichteg fannen, datt an den Defensefroen d'Chamber matabezu gëtt. Iwwregens kréie mer och duerfir am Januar en neit OMPs-Gesetz (ndlr: Opérations pour le maintien de la paix) - ech hoffen, datt den Avis vum Staatsrot, dee leschten Avis, elo geschwë kënnt -, dat och e Risenovum ass, wou d'Parlament vill méi abezu gëtt a Missiounen a vill méi Matsproocherecht kritt, wann et drëms geet, Auslandsasätz ze maachen. An dozou stinn ech! Duerfir, dat ass och en Novum, dat hätten der vill och virdru scho laang kënnen maachen.

Genausou wéi et och en Novum wäert sinn, datt mer an dem Defenseberäich an de Projeten an den nächste Joren op e ganz anere Wee wäerte goen an och um gudde Wee sinn dohinner.

Duerfir, wéi gesot, dat bleift alles sinn. Mee dat ännert näischt drun, datt ech dee Projet hei gutt fannen, well ech iwwerzeegt dovu sinn, datt dee Projet eis vill ka bréngen an der Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner, an der Zesummenaarbecht an der NATO, an der UNO, och vläicht nach op aneren Niveauen. Mir kënnen och am humanitäre Beräich dee Beobachtungssatellitt hei notzen. Dir hutt vill Beispiller an der Kommission kritt. An duerfir, wéi gesot, sinn ech och iwwerzeegt, datt mer e solle maachen. An duerfir stinn ech och dozou an duerfir soen ech och Merci, datt dee Projet wäert eng Majoritéit fannen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- Merci villmools dem Verdedegungsminister François Bausch. Da freet den Här Marc Baum Parole après ministre.

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*):- Merci, Här President. Merci och fir déi Erklärungen vum Här Minister. Ech hat awer nach eng Fro gestallt, nämlech d'Fro, mat Beispiller ënnerluecht, wat dann d'Konditiounen sinn, déi de Lëtzeburger Staat stellt, fir Biller widerzeginn, zum Beispill un de Koalitionspartner Tierkei, zum Beispill am Fall Israel/Palästina. Wat sinn d'Konditiounen, déi de Staat stellt, fir esou Biller weiderzevermëttelen?

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*:- D'Wuert geet zrëck un den Här Bausch.

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*:- Merci, Här Baum, entschëllegt, ech hat effektiv déi Fro vergiess ze beäntweren, mee déi ass pertinent. Mee ech sinn awer frou, well vu datt dat heiten ausschliisslech an eise Lëtzeburger politesche Contrôle ass - dat heescht, mir selwer kënnen festleeën, wann de Satellitt bis fonctionéiert, wat fir eis eethesch, deontologesch Konditiounen sinn, ënnert deene mer och wëlle Biller liwweren -, kënnen mer dat definéieren. An do kennt Der jo meng Meenung! Also, Dir kënnt lech virstellen, datt et kaum probabel ass, datt ech d'Accord wär, datt mir géife Biller liwwere fir dat Beispill, dat Der virdrun zitéiert hutt an der Tierkei.





Duerfir, hei kënne mir selwer d'Konditiounen definéieren. An ech soen lech, mir kënne jo kucken, wann et esou wäit ass, an da komme mer gär eng Kéier an d'Kommissioun, da weise mer lech d'Richtlinnen, mat deene mer wëlle schaffen. Mee ganz kloer ass fir mech hei, datt ech mech wëll op dat baséieren, wat wierklech Defense ass, an datt ech net wëll hunn, datt hei Biller geholl ginn oder Biller zur Verfügung gestallt gi fir Saachen, déi an déi Richtung ginn, déi Dir lech kéint virstellen. Mee Dir hutt Recht, et ass eng ganz berechtigt Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7542. Den Text steet am Document parlementaire 7542<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7542 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vott par procuration ofginn.

#### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 31 Jo-Stëmme bei 29 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui :* MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Josée Lorsché), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

*Ont voté non :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zu deenen zwou Resolutiounen, déi bei dëser Debatt deposéiert gi sinn.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Den Här Gloden freet nach Parole après ministre.

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Ech wollt nach eng Resolutioun deposéieren.

#### 8. Dépôt d'une résolution par M. Léon Gloden

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Gloden huet d'Wuert.

#### (Brouhaha)

#### Exposé

■ **M. Léon Gloden (CSV), auteur.**- Merci, Här President. Ech hat elo dem Här Bausch, wéi mir alleguer heibannen, ganz gutt nogelauschtert. An en huet mech op eppes Spezielles hellhög gemaach. Et huet elo näischt direkt mam Satellitt ze dinn. En huet gesot, wann et no him géif goen, da kéinten d'Sëtzunge vun de Kommissiounen public sinn, dat heescht, déi kéinten iwwerdroe ginn.

Mir haten d'lescht Joer hei eng Resolutioun deposéiert, déi ass dunne un de Bureau verwise ginn, Här President. Ech deposéiere se hei nach eng Kéier dann elo mat den néidegen Ënnerschrëften. An ech gi jo dovunner aus, datt déi gréng Kolleegen hiren eegene Vizepremier dann den Owend net hei séance tenante desavouéieren. Duerfir froe mer elo de Vott haut.

Merci.

#### Résolution

La Chambre des Députés,

- constatant que pour pouvoir participer pleinement au processus démocratique, il est impératif que les citoyens et citoyennes se voient reconnaître l'accès à l'information publique comme un droit fondamental ;

- notant que ce droit contribue à la légitimité et à la confiance envers les institutions étatiques ;

- constatant que les séances plénières de la Chambre des Députés sont publiques et qu'elles sont retransmises à la télévision ainsi que disponibles en ligne ;

- constatant également que d'autres parlements, dont le plus emblématique, à savoir le Parlement européen, vont plus loin dans leur volonté de transparence et d'ouverture en permettant aux citoyens et citoyennes de suivre en direct via retransmission télévisée et/ou en différé sur le web les discussions au sein des commissions parlementaires ;

- constatant que les discussions préparatoires au sein des commissions parlementaires font partie intégrante de la procédure législative, décide

- dans le sens de la transparence que les réunions des commissions sont par principe publiques ;

- de permettre partant aux citoyens et citoyennes de suivre en direct les débats et discussions au sein des commissions parlementaires via retransmission télévisée sur Chambre TV et en différé via retransmission sur le site de la Chambre des Députés ;

- de réserver le huis clos aux réunions portant sur des dossiers sensibles.

(s.) Léon Gloden, Sven Clement, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden.

#### 9. 7542 - Projet de loi portant modification de la loi du 14 août 2018 autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite et son segment sol destinés à l'observation de la Terre (suite)

#### Résolutions

Mir kommen awer elo fir d'éischt zrëck op déi Resolutiounen, déi am Kader vum Projet 7542 deposéiert goufen.

#### Résolution 1

Fir d'éischt déi Resolutioun, déi vun der Madamm Stéphanie Empain ofgi ginn ass. Ech mengen, do ass alles gesot. Kënne mer ...

#### (Interruption)

Den Här David Wagner freet nach d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Nee, Här President, merci, mee et ass nach net alles gesot ginn. Ech mengen, et muss een awer e bëssen iwwert déi zwou Resolutiounen schwätzen.

Et geet hei wierklech net, a mir hunn dat oft gesot, ëm e Procès d'intention, a kenger Richtung. Den Här Minister Bausch huet virdru gesot, datt e perplex wier, well an de Kommissiounssëtzunge vun der Comexbu den Toun u sech relativ roueg war, diplomatesch war a mer net wéi Barbaren do randaléiert hunn.

Dat stëmmt jo och, étant donné, datt mer kee Procès d'intention wollte maachen! An ech gehéieren zu deenen, déi e puermol souguer och dem aktuellen Här Verteidigungsminister felicitéiert hu fir seng Zesummenaarbecht. An ech sinn och nach ëmmer net der Meinung, datt de gréisste Problem beim Här Bausch läit, nach ëmmer net.

Mee mir krute Saache gesot an dëser Kommissioun, an dofir ass et lues gaangen, mir krute Saache gesot an dëser Kommissioun, wou mir perplex waren, an net just d'Oppositioun, mee ech mengen, och jiddweree vun der Majoritéit. An et kann een dovun ausgoen - ech hunn net vill Zäit, d'Madamm Adehm ass awer op déi Saach ganz komplett agaangen -, et ass héchstwahrscheinlech esou, datt d'Volleksverriedung - Volleksverriedung! - belu ginn ass vun héijere Beamten, belu ginn ass!

An dat ass déi Fro, déi sech stellt: ob et bewosst war oder onbewosst war an esou weider; mee et si jo vill Kontradiktiounen do. D'Fro, déi sech stellt, ass, ob dat normal ass hei am Lëtzebuurger Staat, datt vläicht Ministeren oder héijer Beamten an iergendenger Form vu Prozedur d'Wourecht net soen a weiderhin op Ufro vu Volleksvertreieder d'Wourecht net soen. Akzeptéiere mir dat - wat och e Signal ass fir d'Zukunft! - oder soe mer: „Dat geet net!“?

Mir haten an der Kommissioun e bëssen driwwer diskutéiert. Et gouf gesot: „Et mécht kee Sënn, déi Leit erëm eng Kéier anzuelueden.“ Mee am Prinzip, wa Kontradiktiounen do sinn, da muss ee se konfrontéieren domat, fir duerno wierklech d'Saach erauszehuelen. Vlächicht ass net vill hannendrun. Vlächicht ass awer villes hannendrun!

An da gouf gesot: „Jo, mee da soe se dat selwecht!“ Mee dofir brauche mer eng Enquêtekommissioun, fir justement déi Leit erëm eng Kéier anzuelueden, an dës Kéier si se ënner Eed! Ënner Eed mussen se aussoen! Du dierfs och ënner Eed léien,

et huet awer just aner Konsequenzen. An eng Enquêtekommissioun gëtt sech och aner Mëttelen.

Fir sech herno hannert der Cour des comptes ze verstoppén ... Also, ech fannen d'Resolutioun vun der Majoritéit legéremment skandaléis, well mir sinn amgaangen hei als Chamber, e bëssen eis Muecht ze amputéieren! Et geet net just drëms, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- D'Cour des comptes ass en Instrument vun eis!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- D'Cour des comptes ass en Instrument vun eis?

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Eng Commission d'enquête ass „och“ en Instrument vun eis!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo, wëllt Dir Juge d'instruction ginn?

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Neel! Ech wëll hei just ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Voilà!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Här Di Bartolomeo, lech huet een an der Kommissioun och net esou vill héieren!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Ech wëll Parlamentarier sinn! An anscheinend wëllt Dir dat net.

#### (Brouhaha)

Also, mir sinn der Meinung, de Problem ass deen, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Wagner huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- ... mir sinn hei zu Lëtzebuerg - ech wëll awer eppes soen: Dofir kënne mer net -, mir sinn eent vun deene rare Länner, wou d'Majoritéit muss d'accord sinn, fir dass eng Enquêtekommissioun kann instruéieren. Egal, wien dofir zoustänneg ass a wien d'Schold dorunner dréit: Dat ass net normal!

A ville Länner brauch een eng kritesch Mass fir d'Enquêtekommissioun. Dir hutt an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, an den USA Parlamenter, déi sech eescht huelen, déi maache reegelméisseg Enquêtekommissiounen! Et ass am Prinzip näischt dobäi, eng Enquêtekommissioun ze maachen iwwer iergendeppes, iwwer iergendeng Fabrick, wou e Problem ass, iwwer en Ëmweltproblem. Si maachen Enquêtekommissiounen. Bei eis ass dat eng gréisser Staatsaffair!

An de Problem ass justement, mengen ech, wann ee seet: „Mir wëlle keng Enquêtekommissioun maachen“, da bedeit dat zwou Saachen ... A mir haten eng 2013, do war d'ganzt Parlament, y compris déi deemoleg Regierung, domadder averstanen, wat een där muss zeguthalen, an en Deel vun dëser ehemo-leger Regierung huet dat jo och misse bezuelen. Wann ee seet: „Mir wëlle keng Enquêtekommissioun“, heescht dat zwou Saachen: Mir schwächen d'Parlament. An et ass e Prezedenzfall an deem dote Fall, well et sinn 29 Deputéierter, eng ganz grouss Minoritéit, géint eng ganz kleng Majoritéit vun 31 Deputéierten, déi soen: „Nee, mir maache keng Enquêtekommissioun!“ Mir schwächen d'Parlament!

A wat ass dat fir e Signal!? Well ech ginn net dovunner aus, datt et eppes ze verstoppé gëtt oder datt et ëm en handfeste Skandal geet. Mee wann een dat refuséiert, dann denken ech et awer!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Richteg!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Et geet ëm näischt anescht wéi d'Glawierdegkeet vun eis alleguerten heibannen. Dat ass net einfach esou dohinnersot. Ech hunn ugefaangen, Politik ze maachen, well ech un de Parlamentarismus gleewen, well ech dru gleewen, datt d'Demokratie eppes Wäertvolles ass, eppes ass, wat d'Derivé vun deenen, déi grad de Pouvoir hunn, kontrolléiert, eppes, wat vum Vollek gedroe gëtt, an zwar vum ganze Vollek.

A mir stinn hei alleguerten, alle 60, déi heibanne sinn, si mer hei, fir d'ganzt Land ze verrieden. Mir sinn net hei, fir eng Partei ze verrieden. Mir gi certes iwwer Parteilëscht gewielt, mee mir sinn hei, fir d'Land ze verrieden. Mir sinn hei, fir d'Regierung ze kontrolléieren.

Et ass net ëmgedrëit: Et ass net un der Regierung, fir dem Parlament ze soen, wat et ze maachen huet. Et ass um Parlament, fir ze kucken, ob d'Regierung dat mécht, wat se seet. An dann, wa se eppes anescht mécht oder wa se eppes mécht, wat potenziell problematesch ass, dann ass et un eis, fir dat ze denoncéieren. Dat ass net Riichter spillen, dat ass net „Juge d'instruction“ spillen, dat ass net e Prozess maachen. Dat ass sech eescht huelen! Dat ass demokratesch Wierter eescht huelen!

D'Resolutioun vun der Regierung, oder vun der Majoritéit - mee mir hu jo vum Minister héieren, datt e se ganz, ganz sympathesch féinnt an en huet dat och an der Kommissioun e puermol ugedeit, sou datt een do wierklech emol vun „ofgeschwat“ kéint schwätzen - verlaangt, datt just, an dat ass wichteg, „just“ d'Gestion financière vun deem Projet soll gekuckt ginn. Ech fannen dat skandaléis!

Ech muss lech ganz éierlech soen: Dat geet mir net wäit genuch! Well den David Wagner huet et hei gesot, a jiddweree, deen déi 150 Säite vum Rapport vun der Comexbu gelies huet, weess, datt iergendeen d'Parlament ugelunn huet. Iergendeen huet d'Onwourecht gesot, ob bewosst, onbewosst, ob en et geplangt hat, premeditéiert oder net. Méi wéi een huet souguer hei am Parlament dem Parlament, dem héchste Kontrollorgan, wat mer an enger Demokratie hunn, d'Onwourecht gesot!

A wa mir haut domat averstane sinn, deen Dossier einfach ze klasséieren a just d'Finanzgestioun vun deem Projet ze analyséieren, da soe mir domadder dobaussen als Éischt emol: „Et ass okay, Dir kënnt eis uléien!“ Ech weess net, ob mer dann iwwerhaupt nach als Parlament mussen zesummekommen. Well wa mir dobaussen de Leit soen, déi an d'Chamber convoquéiert ginn, fir hei eng Ausso iwwert d'Kontroll vun engem Budget ze maachen: „Dir dierft eis uléien an et geschitt lech guer näischt“, da kënne mer de Buttek zoumaachen, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Well ganz éierlech, da si mer hei just nach Statisten an engem Schauspill, wat inzenéiert ass, fir datt herno 29 Leit dat eent soen an 31 Leit awer dat maachen, wat d'Regierung hinnen an d'Hausaufgabebichelche geschriwwen huet. Dat kann et net sinn!

Mir als Chamber mussen eis eescht huelen! An den David Wagner huet et richtig gesot: Et ginn op der ganzer Welt Parlamenter, wou ee mat substanzéiell méi kleng Minoritéite wéi 29 Siechzestel eng Enquêtekommissioun ka kréien.

Elo ass et esou, wéi et ass, datt mer hei zu Lëtzebuerg am Moment nach eng Majoritéit dofir brauchen. Jiddweree vun deenen, déi hei an der Regierung sinn am Moment, an der Majoritéit setzen, ka sech warscheinlech - vlächicht mat Ausnam vun der LSAP, déi si scho méi laang derbäi - drun erënnere, wéi et ass, an der Oppositioun ze setzen. Denkt ëmmer dorunner, wann Der 31 zu 29 eng Enquêtekommissioun rejetéiert haut, datt et an Zukunft och Dir kéint sinn, déi hei stinn an eng Enquêtekommissioun froen, well iergendeen aneren, deen haut vlächicht an der Oppositioun ass, eppes gemaach huet, wat derwärt ass, enquêtéiert ze ginn! An d'Chamber unzeléien, ass derwärt, enquêtéiert ze ginn, an dat dierf net ouni Konsequenze sinn!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Richteg!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. An dann hat d'Madamm Diane Adehm d'Wuert gefrot. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Ech mengen, et ass ganz kloer, dass d'Chamber hei gefuerdert ass, fir dat doten ze analyséieren, dat doten ze kucken, erauszefannen, wat den Historique ass, an deementsprechend alles festzehalen an engem Rapport, deen der Chamber misst hannerluecht ginn.

Mir hunn, fir dat kënnen ze maachen, eng Dispositioun an der Verfassung stoen, am Artikel 64 vun eiser Verfassung respektiv am Gesetz vum 27. Februar 2011 an och an eisem interne Reglement vun der Chamber, nämlech déi vun der Enquête parlementaire, fir eng Enquête parlementaire anzeleeden an esou engem Fall.

Duerfir geet an där Resolutioun dann hei nach rieds dovun: „datt d'Chamber soll haut nach decidéieren, datt déi parlamentaresch Untersuchungskommissioun soll ageruff ginn, fir datt sollen déi ganz Operatiounen“ - deemools ass et ëm de Service de renseignement gaangen; Här Bausch, Dir hutt lech richtig erëmerkannt, well ech sinn amgaangen, lech ze zitieren -, „also dat, wat do gegrént ginn ass, et soll alles gekuckt ginn, wat dee Service gemaach huet, an dat alles op der Basis vun der Legalitéit, ob dat alles op der Basis vun der Legalitéit gemaach ginn ass, respektiv d'Methoden, mat deene geschafft ginn ass, ob dat alles Methode waren, déi op der Basis vun der Legalitéit stinn, an datt deementsprechend, wéi gesot, e Rapport géif ofgeschéckt ginn, deen an der Chamber géif hannerluecht ginn an deementsprechend och eng Kéier an enger ëffentlecher Sitzung hei géif debatéiert ginn.“

An dat doten, Här Bausch, dat sinn Är Wierder, mat deenen ech lech elo hei zitéiert hunn.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Déi géif ech och haut nach soen.

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- An deemools ass eng Resolutioun hei deposéiert ginn, déi vu sämtleche Parteien ënnerschriwwen ginn ass, Majoritéit wéi Oppositioun. Majoritéit wéi Oppositioun! Wat hutt